


De Freiburg Guide

Wéi (iwwer)liewen ech als Student*in?

VIRWUERT



Léif zukünfteg Studentin, léiwen zukünftege Student,

du bass warscheinlech grad op der Sich no engem Studium oder enger passender Uni/Héichschoul a bass iwwerfuerdert mat all denge Froen?

Dann hues de hei eng kleng Hëllefsstellung fir deng Froen iwwert e Studium hei zu Freiburg ze beäntwerten. Des Broschür soll dee grousse Schratt zum Studium méi liicht maachen. Hei fënns du all déi néideg Infoe ronderëm d´Organisatioun vun engem Studium. Och fir deng Wunnengssich, déi hei am schéine Freiburg leider net einfach ass, fënns du Tipps a Tricks. Och däint kulturellt Studenteliewe soll heimat ofgedeckt ginn. Mat den Tipps vun (Ex) Student*inne bass du beschtens geriicht fir däi Studenteliewen a vollsten Zich genéissen ze kennen. Freiburg bitt hei eng ganz Réi Méiglechkeeten, fir dengen alen Hobbyen nozegoen oder neier ze entdecken, well et zielt jo net nëmmen de perfekten Studiegang, mä och dat s de dech hei wéi doheem fills. Freiburg ass déi perfekte Studentestad, net nëmmen wéinst der grousser Unzuel u Student*innen, mä och wéinst der perfekter Lag am Schwarzwald. Freiburg ass do studéieren, wou aner Leit Vakanz maachen.

Gäre kanns du eis oder engem Comitésmember perséinlech ëmmer Froe stellen, egal op per Facebook, Instagram oder E-Mail. Mir probéieren dir sou séier wéi méiglech weiderzehëllefen.

Ech wënschen dir vill Gléck bei dengen Examen an och bei der Bewerbung! Vläicht begéint een sech jo eng Kéier op engem Stammdësch oder soss iergendwou zu Freiburg.

Mat sonnege Gréiss aus dem schéine Schwarzwald

Liz Brassel, Präsidentin vum SLUF



INHALT

01	Virstellung vum SLUF	**4 - 5**
02	Präsentatioun vum Comité	**6 - 11**
03	Biografie vum SLUF-Elch	**12 - 13**
04	Places to see	**14 - 21**
05	Studéieren zu Freiburg	**22 - 26**
06	Wunnen zu Freiburg	**27 - 30**
07	Interviews mat de Memberen	**31 - 53**
08	FAQ	**54 - 59**
09	Insidertipps	**60 - 68**
10.	D'Liewen zu Freiburg	**65 - 73**
a.	10 things to do	**65 - 69**
b.	Fussball SC Freiburg	**70 - 71**
c.	Kultur	**71 - 73**
11	Wichteg Adressen	**74**
12	Badisch für Anfänger	**75 - 77**





Bildquelle: LAURE GEISEN



1

VIRSTELLUNG VUM SLUF

De SLUF (Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg) ass ee vu méi wéi 30 Studentencercelen déi zur ACEL (Associatioun des Cercles Etudiants de Luxembourg) gehéieren a vertrëtt d'lëtzebuergesch Student*innen, déi zu Freiburg op der Uni oder enger Héichschoul ageschriwwe sinn. Momentan zielt de SLUF zirka 90 Memberen. De Cercle deen am Joer 1987 gegrënnt ginn ass, feiert dëst Joer säi 35. Gebuertsdag. D'Zil vum SLUF ass et duerch geleeëntlech Treffen an Aktivitéiten déi lëtzebuergesch Student*innen zesummen ze bréngen, gemeinsam e puer gemittlech Stonnen ze hunn an nei Frëndschaften ze schléissen. Trotz dem ganze Gefeiers geet et bei engem Cercle haaptsächlech dreems, den neie Studenten d'Liewen op der Uni an an der neier Stad méi einfach ze maachen.

Och de SLUF huet sech dëst als Aufgab gemaach an dat mat Hëllef vu reegelméissegen Erfarungsaustoscher mat méi eelere Student*innen. Egal op Wunnengssich oder den eegene Studium, gäre steet de SLUF a seng Memberen zur Verfügung fir allerlee Froen ze beäntwerten.

Éischt Tipps an Tricks fënnt en schonn op eiser Homepage (www.sluf.lu), an an eiser Facebookgrupp (SLUF – Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg) ka jidderee seng Froe



fräi stellen. Och huet de SLUF eng separat Facebookgrupp fir Matfuergeleeënheete vun an op Freiburg (Lëtzebuerg <> Freiburg im Breisgau).

Zu eise villen Aktivitéiten zielt ënner anerem d'Straba-Party, ee Weekend um Feldberg, d'Erstistee an d'Erstidaf, ee Pubquiz, ee Bowlingowend, eng Kaffisrallye, Participatioun um Tournoi de Noël an um Studentebal, déi vun der ACEL organiséiert ginn, an des weideren ass de SLUF och op diversen Intercerceln ëmmer gutt duerch seng Membere vertrueden. An der Virliesungszäit treffe mir eis zousätzlech reegelméisseg an eisem Stammcafé, dem Cheers, fir de wöchentleche Stammdësch. D'Idee der hannert ass, sech kënnen ee mol d'Woch mat anere Student*innen aus sengem Heemechtsland auszetauschen an sech ee gemittlechen Owend bei engem Landbier oder engem Glas Rosé ze maachen.

Zousätzlech engagéiere mir eis och an der Studenteberoodung. Ee mol d'Joer si mir fir Deuxièmes a Premières Schüler*innen op der Foire de l'Etudiant zu Lëtzebuerg an der Luxexpo, fir hinnen d'Stad, d'Unien a Studenteliewe vu Freiburg méi no ze bréngen an hinnen Informatiounen iwwert hiert potentiellt Studium ze liwweren. Ausserdeem vertriede mir net nëmmen d'Albert-Ludwigs-Universität, mä och déi aner restlech Héichschoule vu Freiburg an informéieren iwwert d'Offer vun den ënnerschiddleche Studiegäng déi een op de jeeweilege Schoule wiele kann.

Nieft eise ville Memberen hunn mir och nach ee Maskottchen, den Elchi, hie vertrëtt de SLUF op de Soziale Medien a passt och ëmmer op all Event gutt op seng Memberen op.Wann s du méi vum Elchi wëlls matkréien, da follow hien op Instagram an add en op Facebook. Hie wäert sech mat Sécherheet iwwert d'Ufro freeën. Des weidere wäerts du nach méi iwwert den Elchi hei an der Broschüre kenne liesen. Och zu den Eventer, dem Cheers an de SLUF-Membere fënns du nach vill méi hei op deenen nächste Säiten eraus.

Vill Spaass beim weiderliesen a bis geschwënn um Stammdësch am Cheers!

2

PRÄSENTATIOUN VUM COMITÉ







LIZ BRASSEL

PRÄSIDENTIN

Studéiert Neuere deutsche Literatur, Kultur, Medien am Master.

Funfact: *Ass d'Studienberatung am Sluf.*



GRÉGORY KIEFFER
VIZE-PRÄSIDENT

Studéiert Volkswirtschaftslehre am Bachelor.

Funfact: *Verpasst manner Intercercelen eréi Virliesungen.*



ANNA GIAMPAOLO
SEKRETÄRIN

Studéiert Deutsche Sprach- und Literaturwissenschaft am Bachelor.

Funfact: *Spillt Kaartespiller seriö an ouni ze fuddelen.*



FABIEN KOHNEN
TRÉSORIER

Studéiert Chimie am Bachelor.

Funfact: *Huet an engem Praktikum méi Kittelen verbraucht wéi aner Studenten während dem ganze Studium.*



TOM THEIS

KOMMUNIKATIOUN

Studéiert Vergleichende Geschichte der Neuzeit am Master

Funfact: *Nee, den Cäsar war net den éischten, réimesche Kaiser!*



NIELS JANSEN

KOMMUNIKATIOUN

Studéiert Volkswirtschaftlehre am Bachelor

Funfact: *Schneit seng Nuddele mat der Schéier an ësst Ananas op der Pizza.*



NICOLAS MAITRY

MERCHANDISE

Studéiert Mathematik am Bachelor

Funfact: *Passionéierten Dauwebeobachter*



JACQUES THEISEN
EVENTMANAGER

Studéiert Umweltnaturwissenschaften
am Bachelor.

Funfact: *Huet nik gäern T-Shirten un.*



CATHERINE THEISEN
GRAPHIKDESIGN A MERCH

Studéiert Forstwissenschaften am Master.

Funfact: *Ass well 21 Joer mam Jacques geplot.*



MAURICE THOMÉ
SPORTMINISTER

Studéiert Geographie &
Ingenieur am Bachelor.

Funfact: *Gudde Béier ze brauen ass méi schwéier wéi e Studium.*



YVES LUCAS
MERCH

Studéiert Waldwirtschaft &
Hydrologie am Bachelor

Funfact: *Fale souguer mam Vëlo wenn ech net domat fueren.*



FABIENNE SCHANDEL

COOPTÉE

Studéiert Soziale Arbeit am Bachelor

Funfact: *Huet schonn divers Bekanntschafte mat Luuchtepottoe gemaach.*



LOÏC WOHL

COOPTÉ

Studéiert Physik am Bachelor

Funfact: *Huet méi oft d'Première gemaach, wéi dass hie Positiv war.*



3

BIOGRAFIE VUM SLUF ELCH

Viru laanger, laanger Zäit ass e jonke Ritter vun der Buerg Falkenstein mat sengem Kolleeg, engem opstriewende Geléierten, op d'Juegd gaangen. Wéi hien esou duerch d'Bëscher vum Schwarzwald gesträift ass, huet hien e risegen Hirsch erbléckt. ● ● ●

Esou en imposant Déier war dem Ritter bis ewell nach net ënnert d'Ae komm. Direkt huet hien d'Juegd opgeholl. Den Hirsch awer war erstaunlech schnell. De Ritter, dee sech op kee Fall dat stattlecht Déier duerch d'Lappe wollt goe loossen, huet dem Hirsch trotzdeem weider nogesat. Dësen, gedriwwe vun der Angscht, ass blann duerch de Bësch gerannt, ouni wierklech opzepassen, wou en hileeft. Op emol gesäit hien, wéi sech virun him eng Schlucht opdeet. An dem Wëssen, datt hien esou oder esou géing stierwen, huet d'Déier säi ganze Courage zesummegeholl, zum Sprong ugesat a mat engem gewaltege Saz d'Schlucht iwwerwonnen. De jonke Ritter ass aus dem Staunen net méi erauskomm. Nach ni hat hien an all senge Joren esou eppes gesinn. Ab dësem Dag ass dës Schlucht dofir den „Hirschsprung" genannt ginn.

De jonke Geléierten awer, deen de Ritter déi ganzen Zäit op senger Aventure begleet huet, huet relativ schnell erkannt, datt et sech beim Déier net ëm en Hirsch, mee ëm en Elch géing handelen. Am Wëssen datt säi Kolleeg zwar e gudde Jeeër, mee kee gudden Zoolog war a scho guer net gäre beléiert wollt ginn, huet en hie weider am Glawe gelooss, datt hien tatsächlech en Hirsch gesinn hätt. Dem Elch huet de Geléierten awer säi Respekt erwisen, andeems hien d'Déier an de Wope vu sengem nei gegrënnte Veräin – dem RLUF (Ritter aus Luxemburgesium op der Uni Freiburg) – opgeholl huet. Mat de Joren ass aus dem RLUF de SLUF ginn, mee den Elch ass weiderhin d'Maskottche bliwwen: als Erënnerung un de groussen Elchsprong.

PLACES TO SEE

10 Saachen déi een als frëschgebakene Freiburger*in onbedéngt muss gesinn.



Bildquelle: LAURE GEISEN

D'Schwarzwaldmetropol Freiburg ass, mat enger vun deenen eelsten Unien aus ganz Däitschland a mat senge verschiddenen Héichschoulen, net nëmmen eng flott Studentestad, mee och ee kulturellt Highlight am Héichschwarzwald. Dobäi ass d' Lag vu Freiburg souwuel fir Naturfrënn, ewéi och fir Sportler interessant. D' Stad selwer huet awer och eng Rëtsch Attraktiounen a Sehenswierdegkeeten ze bidden. Nieft der Bächle, déi duerch déi ganz Stroossen a Gaasse vun der Alstad leeft, huet Freiburg och nach aner Wahrzeechen, déi een als gudde Freiburger Student onbedéngt muss kennen an och gesi soll hunn! Fir dass och du als neie Student aus der Stad am Schwarzwald net als Kulturbanaus ervirgoe muss, hunn mir dir hei eng Lescht mat deenen 10 wichtegste Saachen, déi een als Freiburger onbedéngt gesi muss hunn, zesummegestallt.



• MÜNSTERPLATZ MAM FREIBURGER MÜNSTER

De Münsterplatz an der Alstad ass déi gréisste Platz a ganz Freiburg. Se ass komplett mat Pawee beluecht, a wéi de Numm et scho seet, steet och hei de Freiburger Münster, deen am Ufank vum 13. Joerhonnert gebaut ginn ass. Dëst ass eng Kierch am romanesch a gotesche Stil, där hiren Tuerm d'Stadbild vu Freiburg immens präägt. Deementspriechend gehéiert de Freiburger Münster och zu deene wichtegste Wahrzeeche vu Freiburg. Et lount sech jiddefalls eemol bis an de Münster era luussen ze goen. Ween dann och gär eng flott Vue iwwert de Münsterplatz huet, kann och déi 333 Trapen am Kierchentuerm eropgoen. Ronderëm d' Kierch um Münsterplatz leeft déi bekannte Freiburger Bächle.

Mee och aner wichteg historesch Gebaier, wéi zum Beispill d' Haus zum Ritter, d' Historisches Kaufhaus an d' Alte Wache, kann een op dëser Platz betruechten. Net ze vergiessen, loossen sech och eng Rei flott Restauranten, Caféen an Hoteller um Münsterplatz fannen. Ween genéisst schonn net gär säi Kaffi op der Terrass, mat Vue op de wonnerschéine Freiburger Münster? Looss der dat jiddefalls net entgoen!



Bildquelle: LIS GEISEN

DE SCHLOSSBERG MAM KANONENPLATZ A MAM SCHLOSSBERGTURM

De Schlossberg ass e 455,9 Meter héije Bierg östlech vun der Freiburger Alstad. Hei kann een zu Fouss erop goen oder mat der Schlossbergbahn erop fueren a vun do aus dann entweder ee flotten Tour trëppele goen oder einfach d' Vue op dat schéint Freiburg genéissen. Virun allem um Kanonenplatz, wou ee ganz séier vun der Stad aus do uewen ass, huet een eng schéi Siicht iwwert d' Studentestad. Den Highlight ass awer natierlech de berüümte Schlossbergturm. Ganzer 35 Meter héich ass den Aussiichtstuerm, vun deem een onbezuelbare Panoramabléck iwwert ganz Freiburg a seng gréng Däll a Wäibierger huet. Mee opgepasst, do uewen um Tuerm kéint et, virun allem bei méi schlechtem Wieder, mol eng Kéier e bësse wackeleg ginn. Trau dech awer erop, well et ass der Wäert!



Bildquelle: LAURE GEISEN

D'SCHWABENTOR

D' Schwabentor huet zu der mëttelalterlecher Stadmauer vu Freiburg gehéiert an ass dat jéngst vun deenen zwee Portaler déi iwwereg bliwwe sinn. Heibannen ass och ee ganz klenge Musée iwwert Zinnfiguren ze fannen, an deen et sech sécherlech och eemol lount era kucken ze goen.

• D'MARTINSTOR

D' Martinstor ass dee groussen oder villméi de méi ale Brudder vum Schwabentor. Am Mëttelalter Deel vun der Festungsmauer, haut een Hikucker an der Kaiser-Joseph-Straße.



Bildquelle: LAURE GEISEN

• DEN AUGUSTINERPLATZ MAT SENGEM AUGUSTINERMUSEUM

Den Augustinerplatz ass eng grouss Platz am Zentrum vun der Stad, wou sech ronderëm eng Rëtsch Caféen a Restaurante fanne loossen. Typesch Freiburg: Alles ass mat Pawee ausgeluecht an d' Bächle leeft natierlech ronderëm déi bekannte Platz, wou sech virun allem am Summer och gären déi méi Jonk op e Béier treffen. Hei kann een sech ganz einfach op de Pawee oder op d' spuenesch Trap op der Platz setzen. Grad well den Augustinerplatz esou ee beléiften Treffpunkt ass, fënnt sech hei och déi bekannt Säule der Toleranz, déi sech Owes vu gréng op rout verfierwen an d' Leit dorop opmierksam mëscht, net ze vill Kaméidi ze maachen a Récksiicht op d' Bewunner ronderëm den Augustinerplatz ze huelen. Um Augustinerplatz ass dann och den Augustinermuseum ze fannen, wou nieft der normaler Ausstellung och reegelméisseg aner Expositioune stattfannen. Als gudde Freiburger Akademiker solls de dech roueg net virdru scheien, de Musée eemol besichtegen ze goen..



DE PLATZ DER ALTEN SYNAGOGE

De Platz der alten Synagoge, wou sech ënner anerem de Kollengiengebäude (KG II) vun der Uni befënnt, ass déi zweetgréisste Platz a ganz Freiburg. Och des Platz ass, änlech wéi den Augustinerplatz, eng beléift Platz, fir sech a Summerowenter mat Kolleegen op eng Fläsch Béier ze treffen oder einfach Mëttes am Fréijoer d' Sonn ze genéissen.

Op der Platz selwer sinn och eng Rei Fontainen an e Buer an der Form vun der aler Synagog ze fannen. Grad well de Platz der alten Synagoge sou no un der Uni an der Unibibliothéik läit, ass et déi perfekte Platz fir eemol eng Kaffispaus an der frëscher Loft ze maachen.

Lee also d' Bicher op d' Säit, géi sich der ee leckere Kaffi am Café Europa, setzt dech op de Platz der alten Synagoge a looss den Tumult vun der Stad virun der passéieren.

• D'WIWILÍBRÜCKE

D'Wiwilíbücke oder och nach Blaue Brücke genannt, ass ee wichtegt Wahrzeeche vu Freiburg a steet souguer ënnert Denkmalschutz. Duerfte virun enger Partie Joren och nach Autoen driwwer fueren, sou sinn op der Bréck, déi iwwert der Bismarckallee an der Schnewlinstraße steet, haut just nach Vëlosfuerer a Foussgänger erlaabt. Net seele fënnt ee Leit, déi sech op déi ronn Béi vun der Bréck setzen an einfach d' Vue iwwert Freiburg genéissen. Virun allem bei guddem Wieder ass d' Bréck voll mat Studenten. Net jiddereen traut sech op d' Bréck ze klammen, mee eleng den Ubléck, wéi d' Leit et sech do gemitterlech maachen, ass eppes, wat ee soss net iwwerall gesäit.

• D'DREISAM

Dreisam, een 29,7 km laange Floss, deen duerch Freiburg leeft an och duerch déi bekannt Bächle duerch d' Alstad vu Freiburg fléisst, ass definitiv ee vun deene wichtegste Wahrzeeche vu Freiburg. Du kanns mam Vëlo iwwert d' Vëlospiste laanscht Dreisam fueren oder einfach just laanscht spadséieren an déi frësch Freiburger Loft genéissen. Am Summer fënnt ee laanscht d' Ufer vun der Dreisam ëmmer erëm eng Rëtsch vu Leit, déi et sech do gemitterlech maachen a vun der Sonn profitéieren. Du hues plazeweis souguer d'Méiglechkeet dech an Dreisam ze setzen a bëssen dran ze planschen. Déi perfekt Ofkillung am Héichsummer! Ee weideren Highlight bei der Dreisam, ass d' Dreisamschaukel am Mariensteg. Des aussergewéinlech Schaukel hänkt tëschent der Schwabentorbrücke an der Kaiser-Brücke. Ween des Schaukel opgehaangen huet, ass net bekannt. Se war op eemol einfach do! An och wann et bëssen e Gedeessems ass fir op d' Schaukel ze kommen, ass des dach eng flott Geleeënheet ganz no iwwert den Dreisam-Floss ze gleeden.

• DE ROSSKOPF MAM ROSSKOPFTURM

E gutt Stéck méi héich wéi de Schlossberg an och ë bësse méi ausserhalb vu Freiburg befënnt sech een 737 Meter héije Bierg – de Roßkopf. Hei kann ee flott Wanderungen duerch de Bësch maachen, bis een uewe beim Rosskopfturm ukomm ass. Perfekt fir all d' Naturfrënn an déi Wanderbegeeschtert. 1889 gebaut a 34 Meter héich ass de berüümte Roßkopfturm. Klamm och du déi 137 Trapen erop a bléck vun do aus op den Tuerm vum Münster, op d' Autobunn an op nach villes méi. Panorama puer!

Natierlech huet dat sonnegt Freiburg nach vill méi ze bidden, wéi nëmmen déi 10 Platzen déi elo hei opgezielt goufen. Wann s du dech also decidéiers op Freiburg studéieren ze kommen, gëtt et och fir dech nach vill méi ze entdecken. Langweileg gëtt et der awer sécherlech net!





STUDÉIEREN ZU FREIBURG

ALBERT-LUDWIGS-UNIVERSITÉIT

D'Haaptuni vu Freiburg gouf den 21. September 1457 gegrënnt an ass domadder eng vun deenen eelsten an Däitschland. Duerch hier laang Traditioun huet d'Universitéit national sou wéi international eng héich akademesch Reputatioun. Op der Uni si Fächer aus all de Fachberäicher ugebueden, dofir gëllt se als Volluniversitéit. Ausserdeem sinn all déi 11 Fakultéite vertrueden, nämlech:

- **Biologie**
- **Chimie a Pharmazie**
- **Mathematik a Physik**
- **Medezin**
- **Philologesch Fächer**
- **Philosophesch Fächer**
- **Rechtswëssenschaften**
- **Technesch Fächer**
- **Theologie**
- **Ëmwelt a natierlech Ressourcen**
- **Wirtschaft a Verhalenswëssenschaften**

Bildquelle: NORA SCHLOESSER





• ASCHREIWUNG

ZULASSUNGSBESCHRÄNKTE FÄCHER

Fir di zulassungsbeschränkte Fächer muss den Antrag auf Zulassung tëscht dem 1. Juni a spéitstens dem 15. Juli dobanne sinn. Dëst kann awer no Fach changéieren, dofir muss de onbedéngt d'Bestëmmunge fir däi Fach um Site vun der Uni nokucken. Och d'Bewerbung ass fir verschidde Fächer mëttlerweil online.
Internetsite: http://www.studium.uni-freiburg.de/de/studienangebot/studienfaecher

D'Uni selwer huet och eng Check-Liste zesummegestallt fir d'ass en och näischt vergësst, wann en sech op der Uni bewerbe well.
Internetsite: https://www.studium.uni-freiburg.de/de/bewerbung/international/vollzeitstudium-folder

Fir Humanmedezin an Zännmedezin muss de dech iwwert hochschulstart.de umellen. Fir méi Detailer fir de Medezinstudium ass et am beschten du mells dech bei der ALEM. (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine)

ZULASSUNGSFREIE FÄCHER

Fir d'zulassungsfräi Fächer kann e sech am Zäitraum vum 01. Juni bis de 7. Oktober bewerben. Hei muss der awer oppassen, dass d'Bedingunge fir sech ze bewerben, nach bis zum Ufank vun der Bewerbungsfrist kennen änneren. Dofir och hei onbedéngt bei de fachspezifesch Bestëmmungen um Site vun der Uni nokucken!

• IMMATRIKULATIOUN

Du hues dech dofir entscheet op Freiburg studéieren ze kommen, deng Demande gouf ugeholl, lo steet nëmmen nach d'Immatrikulatioun als op der To-Do-Lëscht. D'Immatrikulatioun fir International Studenten fënnt am **Service Center Studium** an der **Sedanstraße 6** statt. D'Fristen fënns de hei:

https://www.studium.uni-freiburg.de/de/studierendenservices/immatrikulation/immatrikulation

D'Öffnungzeiten sinn déi folgend:

Méinden, Dënsten, Mëttwoch, Donneschden:	9.00 - 12.00 Auer
sou wéi Dënsten an Donneschden:	14.00 - 16.00 Auer.

Kontakt: international@service.uni-freiburg.de

Wat muss du mathuelen:

- ☐ **Zulassungsbescheid**
- ☐ **Ofschlossdiplom am Original oder als offiziell Kopie**
- ☐ **Nachweis der deutschen, gesetzlichen Krankenversicherung (des kanns de bei**
- ☐ **d'AOK sichen goen, déi ass direkt niewent dem Service Center Studium *)**
- ☐ **Beleeg, dass de d'Gebühren bezuelt hues**
- ☐ **Eng Exmatrikulationsbescheinigung wanns de schonn eng Kéier an Däitschland studéiert hues**
- ☐ **Antrag auf Immatrikulation (kann schon am Viraus ausgefëllt ginn)**
- ☐ **Nowéis, dat s de den Studienorientierungsverfahren gemaach hues**
- ☐ **Als Net-EU-Bierger*in: Däi Pass mat gültegem Visum**

*Befreiung vun der Krankeversécherung: D'Uni Freiburg freet eng Umeldung bei engerdäitscher Krankekeess. Di brauchs du als Lëtzebuerger awer net, wëlls de eng europäesch Krankekeesskaart hues an dofir europawäit versëchert bass. Du muss der nëmmen vun enger däitscher Krankekeess bescheinegen loossen, dass de zu Lëtzebuerg verséchert bass. Dofir kanns de einfach mat denger Krankekeesskaart bei d'AOK goen.

Studiengebühren: 161€ pro Semester. (Dat kann awer all Semester bëssen änneren.)

PÄDAGOGISCHE HOCHSCHULE FREIBURG

Wéi de Numm vun der Schoul scho seet, kann een op der PH pedagogesch Fächer studéieren.

BACHELOR-STUDIEGÄNG

- **Erziehungswissenschaft**
- **Kindheitspädagogik**

MASTER-STUDIEGÄNG

- **Erziehungswissenschaft mit der Studienrichtung Erwachsenenbildung/ Weiterbildung oder Soziale Arbeit/Sozialpädagogik**
- **Sozialpädagogik/Pädagogik und Psychologie an sozialpädagogischen Schulen**
- **Unterrichts- und Schulentwicklung (berufsbegleitend): MUSE**

LEHRAMTS-STUDIEGÄNG

- **Primarstufe (PO 2015): Bachelor, Master**
- **Sekundarstufe (PO 2015): Bachelor, Master**

Bewerbungsfrist: 01. Juni – 15. Juli
Internetsite: https://www.ph-freiburg.de/home.html

KATHOLISCHE HOCHSCHULE FREIBURG

KH ass eng vun dene gréisste Schoule fir Sozial- a Gesondheetswiesen an Däitschland. Hei ginn 6 Bachelor- an 2 Masterstudiegäng ugebueden.

BACHELOR-FÄCHER

- **Soziale Arbeit**
- **Heilpädagogik / Inclusive Education**
- **Angewandte Pflegewissenschaft**
- **Angewandte Theologie und Religionspädagogik**
- **Berufspädagogik im Gesundheitswesen**
- **Management im Gesundheitswesen**

MASTER-STUDIEGÄNG

- **Angewandte Gerontologie**
- **M.A. Klinische Heilpädagogik**
- **Management und Führungskompetenz**

MASTER A KOOPERATIOUN MAT ANEREN HÉICHSCHOULEN

- **M. Ed. Höheres Lehramt an Beruflichen Schulen- Pflege/ Wirtschafts- und Sozialmanagement**
- **Pflegewissenschaft**

Bewerbungsfrist: 15. März – 30. Juni (nëmmen am Wantersemester méiglech)
Bewerbung ass online: https://www.kh-freiburg.de/bewerbung
Internetsite: https://www.kh-freiburg.de/de

EVANGELISCHE HOCHSCHULE FREIBURG

Op der EH gi sozial a pedagogesch Fächer ugebueden.
Insgesamt kann een tëschent 3 Bachelorstudiegäng a 6 Masterstudiegäng wielen.

BACHELOR-STUDIEGÄNG

- **Soziale Arbeit (05.07.2022)**
- **Religionspädagogik / Gemeindediakonie (15.08 all Joers)**
- **Pädagogik der Kindheit / Kindheitspädagogik (15.07 all Joers)**

MASTER-STUDIEGÄNG

- **Soziale Arbeit (28.01 / 20.07 all Joers)**
- **Religionspädagogik (28.01 all Joers)**
- **Bildung und Erziehung im Kindesalter (28.01 / 15.07 all Joers)**
- **Friedenspädagogik / Peace Education (28.01 all 2 Joer: 2022, 2024, ...)**
- **Sozialmanagement (15.08 all Joers)**
- **Supervision (15.05 all 2 Joer: 2022, 2024, ...)**

Bewerbungsfrist: variéiert jee no Studiegang; kuck Klammeren
Bewerbung: https://www.eh-freiburg.de/bewerben/
Internetsite: https://www.eh-freiburg.de/

WEIDER HÉICHSCHOULEN ZU FREIBURG

Musikhochschule Freiburg: https://www.mh-freiburg.de/

Hochschule Macromedia Freiburg: https://www.macromedia-fachhochschule.de

Angell Akademie Freiburg: https://www.angell-akademie.de/

WUNNEN ZU FREIBURG

Wohnen wo andere Urlaub machen! – Jo, du hues dech fir de Studium fir eng vun deene schéinste – wann net esouguer fir DI schéinste – Stied an Däitschland entscheet. Well s de op mannst di nächst 3 Joer hei wäerts verbréngen, muss de e puer Saachen iwwert d'Wunnen zu Freiburg wëssen.

Bildquelle: LAURE GEISEN



WUNNENGSSICH

En Tipp, deen der warscheinlech all Student géing ginn, ass folgenden: Fänk DIREKT mat der Sich un, soubal s de weess, dass de op der Uni ugeholl gi bass. Well d'Wunnengssich zu Freiburg net immens einfach ass, rode mer der ausserdeem un, vill Zäit a Gedold matzebréngen.

Ufänke kanns de deng Sich op deenen übleche Websäiten:

- **Immobilienscout24.de**
- **Immonet.de**
- **Immowelt.de**

Op "wg-gesucht" stelle Leit frei Zëmmeren a WG'en zur Verfügung, du fënns awer och Eenzelwunnengen. Du kanns och als deen dee sicht eng Annonce um Site opginn.

Zypresse ass eng gratis Zeitung mat villen Annoncen dran. Klengt villäicht e bëssen Old-School am Zäitalter vu Smartphone an Internet, mee et kann net schueden och hei eran ze luussen. Denk drun, wann s de op eng Visitt invitéiert gëss, deng Ënnerlage matzehuelen: Numm, Adress, Nationalitéit, esou wéi däin Akommes, respektiv dat vun dengen Elteren, déi als Bierg a Fro kommen. De Schnapp ass eng änlech Zeitung wéi Zypresse.

Wichteg! Wann s de un enger Wunneng interesséiert bass an du wëlls se kucke goen, da ruff onbedéngt dem Proprietär un fir e RDV auszemaachen, wann eng Nummer uginn ass. Op Maile gëtt oft net geäntwert, am August – an der Haaptsaison – scho guer net. Studierendenwerk Freiburg-Schwarzwald kann och hëllefräich si bei der Wunnengssich. Si hunn Zëmmeren a WG'en vu Studentenwunnheemer zu Verfügung.

Internetsite: https://www.swfr.de/wohnen/wohnheime/wohnheime-in-freiburg/

Et ginn awer nach aner Studentenheemer zu Freiburg an deenen all Semester Eenzelwunnengen a WG'en fräi ginn! Sou zum Beispill de Campo Novo oder The Fizz.

Internetsite: https://www.campo-novo-freiburg.de/
https://www.the-fizz.com/studentenwohnheim/freiburg-zaehringen

Natierlech kanns de och ëmmer an der Facebook-Gruppen nofroen, ob eng Wunneng fräi gëtt, oder eng Mail un de Comité vum SLUF schécken.

Mailadress: comite.sluf@gmail.com
Facebook-Grupp: SLUF – Studente vu Lëtzebuerg op der Uni-Freiburg

De Loyer bezitt sech zu Freiburg op e Betrag tëscht 350–600€ jee nodeems op s de eleng oder an enger WG wëlls wunnen.

ËMWELTSPLAQUETTE

Fir a Freiburg mam Auto kennen ze fueren, brauchs de eng sougenannte „Feinstaubplakette". Des kanns du beim ACL fir 10€ resp. fir 7,50€ fir Membere kafen.



Bildquelle: LAURE GEISEN

MELDEBEHÖRDE

Wann s de op Freiburg plënners respektiv däin Wunnsëtz innerhalb vu Freiburg änners, muss de dat bei der Meldebehörde mellen. Dat muss innerhalb vun 2 Wochen nom raplënnere geschéien. Du kanns dech awer och schonn 2 Wochen iers de an de Wunneng geplënnert bass umellen. Bei der Umeldung fale keng Käschten un.

Du brauchs dofir folgend Saachen/Dokumenter:

- **Deng Carte d'Indentité oder däin Pass**
- **Wann s de net eleng an d'Wunneng plënners, brauchs de och eng Pièce d'Indentité vun dengem/er Matbewunner*in**
- **Eng Wunnengsbescheinegung vum Vermieter**

Wou muss de dofir hin? Du muss dofir an de Bürgerservice an d' "Rathaus im Stühlinger". Du kanns och iwwert hire Site en Rendezvous ausmaachen. Sou erspuers de der laang Waardezäiten.

Internetsite: https://www.freiburg.de/pb/-/205348/oe6014405

RUNDFUNKBEITRAG

Soubal s de dech um Meldeamt ugemellt hues, kriss de no puer Wochen den onbeléiften Bréif vun der GEZ, nämlech d'Opfuerderung d'Rundfunkgebühren ze bezuelen. Des muss du bezuelen AUSSER wann s de d'Sozialbourse vum CEDIES kriss, dann kanns du dech dovun befreien loossen. Wéi dat genau funktioneiert kanns de bei der ACEL um Site am Studenteguide noliesen.

Link: https://acel.lu/2019/11/08/de-studenteguide/, S. 16.

WÉI KOMMEN ECH OP FREIBURG?

Transport – Am beschten kenns de op Freiburg ëmmer nach mam Auto. Du kanns entweder iwwer Saarbrécken fueren (3 Stonnen an 20 Minutten vum Zentrum aus) oder iwwer Frankräich (knapps 3 Stonnen vum Zentrum aus). Wann s de iwwert Frankräich fiers, muss de Payage bezuelen. De Montant beleeft sech op +/- 15€. Beim ACL kanns de der (muss awer net) en bip&go sichen goen mat dems de duerch de Payage fueren kanns, ouni mus- sen stoen ze bleiwen. Fiers de reegelméisseg (also 1 mol de Mount mindestens) kascht dech de bip&go 16€ am Joer an 10€ fir d'Aktivéierung. Dat coolt un der Saach: Du muss net am Payage waarden an du kanns den bip&go europawäit notzen.

Wann s de keen eegenen Auto hues, kanns de dech an eis Transport-Grupp op Facebook mellen. Hei kanns de draschreiwen wéini dass de muss vu Freiburg op Lëtzebuerg an ëmgedréit. Et fënnt sech ëmmer en den dech mat hëllt.

Facebookgrupp: Lëtzebuerg <> Freiburg im Breigau

Du kanns och mam Flixbus op Lëtzebuerg fueren. Dëst ass allerdéngs bëssen méi kom- plizéiert an zäitintensiv. Well d'Linn net direkt op Lëtzebuerg fiert, muss de opmannst eng Kéier ëmklammen an bass tëscht 5 an 7 Stonnen ënnerwee an de Spaass kascht dech 30€ aufwäerts.

Och mam Zuch gëtt et keng direkt Linn déi tëscht Freiburg an Lëtzebuerg fiert.

INTERVIEWS MAT DE MEMBEREN ZU DE STUDIEGÄNG



GEESCHTESWËSSENSCHAFTEN



GERMANISTIK

LIZ BRASSEL

Studéiert **Neuere deutsche Literatur, Kultur, Medien** am Master an huet **Deutsche Sprach- und Literaturwissenschaft a Philosophie** am Bachelor studéiert

D'Liz huet "Deutsche Sprach- und Literaturwissenschaft" am Haaptfach a Philosophie am Niewefach op der Albert-Ludwigs Universität studéiert. Virun allem d'Literatur ass e Grond firwat hatt sech zu dësem Studium entscheet huet. De Studiegang ass zulassungsfrei, wat bedeit, dat een keng gewëssen Nott oder ee Stage brauch.

D' Haaptfach deelt sech an dräi Beräicher op: Linguistik, Mediävistik an Neuere Deutsche Literatur. Déi lescht zwee Semester spezialiséiert een sech dann op ee vun deenen dräi Beräicher. Säin typesche Studium besteet haaptsächlech aus Seminarer mat puer Virliesungen. Am meeschte muss een awer Seminarer besichen, wou een ee bestëmmt Thema duerchhëlt. D' Virliesunge gi meeschtens een Iwwerbléck, kennen awer och spezifesch sinn. Deemno wéi muss/kann een och Tutorater besichen, déi vu Student*inne n efouert ginn an déi eng Hëllefsstellung zu de Seminarer respektiv Virliesunge ginn. Übungen a Praktika huet d'Liz bis elo net misse maachen.

D'Liz géing säi Studium Leit recommandéieren, déi Spaass un der däitscher Sprooch hunn a ganz gäre liesen.

An dësem Studium liest een net nëmme Primärliteratur, mee och ganz vill Fuerschungsliteratur déi ee fir d'Hausaarbechten duerchhuele muss. Vu Virdeel ass et och datt ee gäre schreift vue dat ee bal ëmmer eng Hausaarbecht oder Essays fir d Seminarer schreiwe muss. Fir d Philosophie muss een sech gäre mat theoreteschen Texter ausernee setzen.

Mëttlerweil studéiert hatt Germanistik am Master. Do ginn et méi Masterstudiengäng, mä d'Liz huet sech besonnesch opgrond vun der Neuere deutsche Literatur fir dëse spezifesche Master entscheet. Och dat een d'Wierker mam Kulturaspekt liest an analyséiert hunn hatt iwwerzeegt.




Fir an de Master eranzekomme brauch ee mindestens eng Gesamtnott vun 2,5. Soss muss een näischt Extraes erfëllen ausser eben, dat een e Bachelor an der Germanisitk oder an engem änleche Fach braucht.

De Master änelt sech dem Bachelor mam Ënnerscheed, dat en méi praktesch ugehaucht ass. Hei kann een tëscht verschidden Optiounen, wéi zum Beispill Praktika, Tagungen oder Konferenze wielen a gesäit bëssen eppes aneschters wéi de Seminarraum.

D'Liz selwer well duerno Proff ginn, mä et ginn och nach aner Méiglechkeete wei zum Beispill bei eng Zeitung ze goen oder bei ee Verlag.





MAX TERNES

Studéiert am Bachelor **Neuere und Neueste Geschichte** am Haaptfach a **Politikwissenschaft** am Niewefach.op der **Uni Freiburg**.

De Max Ternes huet 23 Joer a studéiert am Bachelor Neuere und Neueste Geschichte(NNG) am Haaptfach a Politikwissenschaft (PoWi) am Niewefach.

Zulassungsvoraussetzungen: D'Haaptfach NNG ass zulassungsfrei an et huet ee kee Problem eran ze kommen. Eng letztebuergesch Premiere oder änleche Secondaires-Ofschloss geet duer (Latäin ass bei NNG net néideg).

D'Niewefach PoWi ass zulassungsbeschränkt: Den NC vu variéiert Joer zu Joer, mä en ass awer ëmmer relativ héich(tëscht 1,5 an 1,7). Fir PoWi am Niewefach ze studéieren ass eng gutt Première also net vu Muttwell, et ginn awer och nach vill aner méiglech Fächerkombinatiounen!

Am Ufank vum Studium huet een eng rei Virliesungen déi engem e gudden Iwwerbléck iwwer d'Weltgeschicht ginn. Wat ee méi wäit am Studium kennt wat een ëmmer méi Seminarer an Übungen huet, wou ee méi spezifesch Themen a méi klenge Gruppe behandelt. De Max huet dobäi ëmmer appreciéiert, dass de Choix u Kueren zu verschiddene Sujeten enorm grouss ass, an een doduerch ëmmer eppes fënnt wat engem gefält! En obligatoresche Stage gëtt et net, et ass awer méiglech een ze maachen an deen och ugerechent ze kréien. als Ofschloss vum Bachelor schreift een eng Bacheloraarbecht.

Waat mécht de Max dann no sengem Studium?

Dat ass eng excellent Fro! Ech wäert mol e Master drun uschléissen, weie sinn ech mer nach net ganz sécher, Choix huet een onendlech vill! Wei och mam Master huet een och dono bei dem Choix vum Beruff eng enorm Auswiel! Vu Journalist, iwwer Geschichtsproff bis zum UNO-Generalsekretär ass amfong alles méiglech!




An waat hätt hie gären virum Studium gewosst?

*Dass een d' Fro „Wëlls du gär Geschichtsproff ginn?" gefillt dräi- bis sechsmol den Dag héiert! Ech wënschen all zukünftege Geschichtsstudent*innen elo scho vill spaass domat!*

Gutt ze wëssen ass och, dass Freiburg eng richteg flott Stad ass, an der lauter sympathesch Leit studéieren! Wann s de elo intresséiert bass da maach dech bäi a mell dech fir de Student fir 1 Dag un a komm op Freiburg! Do kanns de mir dann all deng Froe stellen!



MEDIZIN



ZAHNMEDIZIN

TOM KLEIN

Studéiert **Zahnmedizin** op der **Uni Freiburg**

Den Tom Klein huet 23 Joer a studéiert Zahnmedizin op der Albert-Ludwigs-Universitéit. Fir hien ass den Zänndokterberuff en interessante Beruff, an deem ee vill mat Mënschen ze dinn huet, deenen een hëllefe kann.

Bewerbung: Wéi den Tom ugefaangen huet mat studéiere gouf et en Numerus Clausus, et huet een eng 47 gebraucht, mä mee dat kann awer all Joer liicht variéieren. Ausserdeem muss ee mëttlerweil anscheinend och en Stage an der Klinik virum Studium maachen.

Studium: De Studium selwer besteet aus zwee Deeler. Als éischt kennt d'Vorklinik, déi éischter theoretesch ass, mam Physikum als Ofschloss, an als zweet d'Klinik, déi éischter praktesch ass, mam Staatsexamen als Ofschloss.

Perspektiven: Nom Studium kann een en Doktertitel an eng Rei Spezialisatioune maachen, zielt eis den Tom. Et ginn eng Réi Optioune mam Studium: Duerno kann een dann entweder als Zänndokter schaffen, an d'Fuerschung goen oder op enger Uni an der Leier schaffen. Déi meescht Leit schaffen awer dono als Zänndokter wat hien och selwer wëlles huet.

Waat den Tom gären virum Studium gewosst hätt: Als Tipp seet den Tom, dat et gutt ze wësse wier, dass den Studium am Ufank relativ léierintensiv ass, mä mat der Zäit wann een d'Basis an der Theorie bis huet, kann an d'Patientenbehandlunge kommen, wat dem Tom no richteg spannend gëtt. Ausserdeem spillen déi sou genannte „Altfragen" an d'Tipps vu Student*innen aus méi héije Semestere bei de Klausuren eng ganz grouss Roll.

HUMANMEDIZIN



ANNE EYSCHEN

Studéiert **Humanmedizin**
op der **Uni Freiburg**

D' Anne Eyschen studéiert Humanmedizin op Staatsexamen an huet eis bëssen iwwert säi Studium gezielt.

Bewerbung: De Studium verlaangt Numerus clausus tëschent 1,0 an 1,1 verlaangt. Fir de Medezinstudium muss een sech iwwert Hochschulstart umellen (ee Verfare fir ganz Däitschland).

Studium: De Studium besteet och just aus engem Haaptfach an all Semester muss een och Praktika maachen. D' Virliesungen si begleedend zu de Praktika an deelweis huet een och mol nach Seminarer. D' Sprooch vum Studium ass Däitsch an et ginn nëmmen Exame geschriwwen a guer keng Hausaarbechten. D' Exame sinn normalerweis éischter um Enn vum Semester. Ausser am 3. Semester, do huet een all 3 Wochen Examen.

De Studium vun der Humanmedezin ass un jidderengem ze recommandéieren, deen un Medezin interesséiert ass a gäre mat Leit schafft. Et muss een sech awer bewosst sinn, dass ee vill Zäit an de Studium investéiere muss. Wann d' Anne säi Studium ofgeschloss huet, géing hatt am léifsten als Kannerdoktesch schaffen.

WIRTSCHAFTSWËSSENSCHAFTEN



VOLKSWIRTSCHAFT

NIELS JANSEN

Studéiert **Volkswirtschaft an Betriebswirtschaftslehre** am Bachelor op der **Uni Freiburg**.

Den Niels ass 22 Joer al a studéiert Volkswirtschaftslehre am 4. Semester op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg

Bewerbung: De Studiegang vun der BWL a VWL ass zulassungsbeschränkt. Du muss just beweise kennen, dass däin Däitsch-Niveau op d'mannst eng B2 ass a mat enger Premieren hues de automatesch ee C1.

Studium: Virun allem déi éischt puer Semester hues de vill Theorie, bis een dann seng eege Kuere wiele kann. Et huet een am 1. Semester säin 1. an eenzege renge Mathécours, allerdéngs ass a bal all aner Fach Mathe-Kuere involvéiert, et ass net onbedéngt extrem schwéier mee eng gewësse Basis sollt een awer hunn. Am VWL-Bachelor hues de BWL-Elementer am BWL-Bachelor hues de manner vun der VWL.

Perspektiven: Du hues no engem BWL oder VWL-Bachelor extrem vill Méiglechkeeten an der Finanzwelt a wann s de nach ee Master hannendru mëss gëtt et just méi spezialiséiert. Generell gees de mat der BWL éischter méi betribsintern schaffen a mat der VWL a Betriber oder Organisatiounen déi sech em d Finanz-politesch Verhältnisser an der Welt oder Regioune schaffe gees. Déi zwee Studiegäng schléissen sech awer géigesäiteg net strikt aus an der Job-Welt.

Wat häss du nach gäre gewosst, éier s du ugefaangen hues mat studéieren?

Ech wosst schonn, dass et ee majoritär theoretesch Studiegang ass, mee ech hat gehofft, dass méi Fallstudie behandelt gi wieren a méi Projeten. Ech ka mer allerdéngs gutt virstellen, dass dat un de Covid-19 bedéngten Online-Kuere ka leien.

SPORTWISSENSCHAFTEN



NICK KETTEL

Studéiert **Sportwissenschaften** am Bachelor op der **Uni Freiburg**.

Den Nick ass 19 Joer al a studéiert Sportswissenschaften op der Albert-Ludwigs-Universität am 2. Semester zu Freiburg.

Bewerbung: Baséierend op der Nummer vu Leit déi sech melle, , ginn d'Critèrë méi labber oder verschäerft. Soss gëtt et nach ee Sporteignungstest als Aufnahmeprüfung. Deen kann een och zu Köln maachen an da fir 30 Euro iwwerschreiwe loossen. Wei schwéier déi ass ass awer schwéier ze soen, well se wéinst Covid-19 verluecht goufen an de Nick och sou konnt ufänke mat studéieren.

Perspektiven: De Fokus vum Studium ass esou, dass een am beschte Sportler hëlleft sech richteg ze trainéieren oder no Verletzungen sech ze erhuelen. Sou Aarbechte sinn a Rehaklinike wéi um Kierchbierg oder beim SC Freiburg oder alternativ beim Staat fir un Sensibilisatiounscampagnen ze schaffen. Den Nick well awer a kann domat och nom Master Sportsproff ginn.

Wat häss du nach gäre gewosst, éier s du ugefaangen hues mat studéieren?

Eigentlech ass dat meescht esou wéi ech mer et virgestallt hunn. Wat awer gutt ze wëssen ass, ass dat et vill wëssenschaftlëch Aarbechte gëtt an dat zimmlech drësche ka sinn. An dass d'Sportaarten déi s de an der Praxis spills net extrem divers si mee dat stellt awer kee Probleem fir mäin Berufschoix duer.

SOZIALWËSSENSCHAFTEN



SOZIAL AARBECHT

NINA ROLLINGER

Studéiert **Sozial Aarbecht** am Bachelor op der **KH**.

D'Nina studéiert am 4. Semester Sozial Aarbecht op der Katholischer Hochschule Freiburg (KH) an d'Tessy am 6. Semester op der Evangelische Hochschule Freiburg (EH).

Bewerbung: Mat enger Lëtzebuerger Première sollt et net all ze schwéier si fir an de Studium op béiden Héichschoulen eranzekommen. Allen zwee hunn e Punktesystem, an dem verschidde Saache consideréiert ginn. E klasseschen Numerus Clausus gëtt et net. Besonnesch virdeelhaft ass et awer, wann s du Erfarungen am Beräich opweise kanns (Stage, Volontariat, SNJ, etc.). Op der EH muss de Stage / Volontariat op mannst 6 Méint laang gewiescht sinn, fir datt en zielt.

Studium: setzt sech op béide Plaze gréisstendeels aus Virliesungen a Seminarer zesummen. D'Seminarer si fräi wielbar a verdéiwen d'Matière a klenge Gruppen, sou datt een a méi héije Semestere virun allem nach därer huet. D'Coursen decke vill verschidde Beräicher of: Psycho, Pedagogie, Fuerschung, Droit, Praxis etc. D'EH huet eng Präsenzflicht an de Coursen, d'KH dogéint awer net. Op béiden Héichschoule muss een e Praxissemester (Stage) maachen, egal op hei an Däitschland oder am Ausland. Op der EH ass dat iwwert dat ganzt 3. Semester, op der KH iwwert dat 4.

Nina, wat häss du nach gäre gewosst, éier s du de Studium un der KH ugefaangen hues?

Ech hätt gäre méi Informatiounen zum Oflaf vum Studium gehat. Wat genau gëtt vun engem erwaart? Wéi leeft dat ganzt mam Stage of? Den Informatiounsfloss ass op der KH leider heiansdo e bësse verbesserungswierdeg, sou datt een zum Deel selwer den Effort muss maachen, fir all d'Infoen ze kréien.

SOZIAL AARBECHT



TESSY KOHL

Studéiert **Sozial Aarbecht** am Bachelor op der **EH**.

De Studium ass op béide Plazen ausgeluecht, fir a 7 Semesteren ze maachen. Am grousse ganze sinn eis Interviewten sech eens, datt et kee groussen Ënnerscheed tëschent béiden Héichschoule gëtt, an datt béid hier Plus- a Minuspunkten hunn.

Perspektiven. De Studium bitt engem divers Méiglechkeeten, sou datt engem spéiderhi vill verschidden Aarbechtsfelder opstinn. Mam Bachelor kann een dono entweder als Assistant*e social*e oder als Educateur / Educatrice gradué*e schaffen. D'Nina ass interesséiert fir nom Studium als éischt mol am Jugendberäich ze schaffen. Hatt betount awer, datt een och dono nach ëmmer de Beräich wiessele kann. D'Tessy wëll gären als Assistante sociale schaffen. Hatt ass sech nach net ganz sécher a wéi engem Beräich. Hatt kéint sech virstellen, Leit mat enger Behënnerung ze betreien.

Souwuel d'Nina wéi och d'Tessy géingen hire Studium op alle Fall weider recommandéieren!

An du Tessy, wat häss du gäre virum Studium op der EH gewosst?

> *Ech hätt gäre gewosst wéi d'Auswiel vun de Seminarer ofleeft. Vu datt d'Héichschoul all Semester just eng begrenzten Unzuel u Seminarer ubitt, gëtt ausgeloust, wien herno wou Deel hëlt. Et kann een zwar seng Prioritéiten a Virléiften uginn, mee heiansdo kënnt et scho vir, datt een net bei sengem 1. Choix erakënnt – virun allem wann d'Seminar ganz beléift ass.*



ERZÉIUNGSWËSSENSCHAFTEN

MILLIE FAUTSCH

Studéiert **Erzéiungswëssenschaften** am Bachelor op der **PH.**

D'Millie studéiert am 4. Semester Erzéiungswëssenschaften op der Pädagogische Hochschule Freiburg (PH).

Bewerbung: Fir an de Studium op der PH eranzekommen, gëtt et e Numerus Clausus. Am schwéierste fält d'Premièresnote an d'Gewiicht, mee och Stagen, Volontariater an aner Engagementer (SNJ, Nohëllef, Babysitting, etc.) gi consideréiert. Et muss een e Stage vu mindestens 2 Méint am edukative Beräich virweise kënnen. Mat enger 40 misst een normalerweis ugeholl ginn, mat enger héijer 40 ass een op der sécherer Säit. Wann een am LTPES war, dierft een normalerweis keng Problemer hu fir eranzekommen.

Studium: setzt sech gréisstendeels aus Virliesungen a Seminarer zesummen. D'Seminarer si fräi wielbar, verdéiwen d'Matière a klenge Gruppen a sinn dowéinst extrem interaktiv gestalt.




D'Millie fënnt dat besonnesch flott, well een esou e noe Kontakt zu de Matschüler*innen a Proffen huet. A méi héije Semesteren huet ee virun allem nach Seminarer. Fir déi ze wielen huet een e grousse Choix an eng flott Diversitéit un Themen. Iwwert dat ganzt 4. Semester huet een dann e Stage (Praxissemester), deen een hei an Däitschland oder am Ausland maache kann. Och wann een heiansdo e bëssen an d'kaalt Waasser geheit gëtt (z.B. wéi een eng Hausaarbecht schreift), gefält dem Millie de Studium ganz gutt an hatt mengt net, datt en op enger anerer Héichschoul besser wier.

Perspektiven: Mam Bachelor kritt een den Educateur / Educatrice gradué*e, mat dem ee spéider op der Aarbecht méi Verantwortung dréit, zum Deel méi Bürosaarbecht huet an och méi eng héich Paie kritt. De Studium erméiglecht et engem opgrond vu senger Diversitéit herno an onmoosseg ville, soziale Beräicher ze schaffen. D'Millie wëll nom Studium am léifsten an der Teamleitung am Beräich vun der Traumapedagogik schaffen, z.B. bei SOS Kannerduerf.

D'Millie géing säi Studium op alle Fall weider recommandéieren!

Mee so Millie, ass do nach eppes, wat s du selwer gäre virun dengem Studium op der PH gewosst häss, an eisen zukünftege Student*inne wëlls matdeelen?

Ech hätt gäre gewosst, datt d'PH zimmlech wäit ausserhalb vum Zentrum zu Littenweiler läit, eng 20 Minutte vum Stadkär mam Tram. Et wier och schéi gewiescht ze wëssen, datt ee leider net ëmmer an deene Seminarer rakënnt, déi een och maache wëll. Et gëtt een seng Prioritéiten un an da gëtt d'Plazeverdeelung verloust. Leider krut ech oft net déi Coursen, déi ech wollt. Soss fënnt een u sech alles, wat ee wësse muss, um Site vun der PH.



NATURWËSSENSCHAFTEN

CHIMIE



FABIEN KOHNEN

Studéiert **Chimie** am Bachelor
op der **Uni Freiburg**.

De Fabien mécht e Bachelor a Chimie op der Albert-Ludwigs-Universitéit zu Freiburg.

Fir ugeholl ze gi brauch een eng Première oder e gläichwäertegen Diplom. Et gëtt kee numerus clausus an et gëtt och kee Stage gefrot.

Am Studium gi déi verschidde Beräicher vun der Chimie behandelt. Dobäi sinn d'Virliesungen ëmmer moies an d'TPen ëmmer mëttes. Vill Virliesunge gi begleet vun Übungen déi zwar fräiwëlleg sinn, awer de Fabien recommandéiert d'Übunge matzemaachen, wann ee wëll d'Klausur packen. Normalerweis ginn et zwee bis dräi TPen pro Woch. Déi mussen och virbereet ginn, fir dass ee weess wat am Labo ze maachen ass. Nom TP muss een e Protokoll schreiwen. Fir verschidden TPen muss een eng bestëmmte Klausur aus dem Semester virdru packe fir zougelooss ze ginn. Dofir wier et gutt wann ee grad am éischte Semester all Klausur packt. Am Ufank huet een net direkt TPen, mais et ginn zwou Kenntnisprüfunge gemaach, déi ee muss packe fir dass ee fir d'TPen zougelooss gëtt. Am läschte Semester steet d'Bacheloraarbecht um Programm. Hei ënnerstëtzt een en Doktorand bei senger Dokteraarbecht. D'Bacheloraarbecht soll dann ee Protokoll vun der Labosaarbecht sinn, déi ee gemaach huet.

Grad am Ufank gëtt vill vun engem verlaangt an et muss ee vill Zäit a säi Studium investéieren. Et muss een oppassen dass een net direkt ofgehaange gëtt. Am Géigenzuch gëtt een awer gutt betreit an ënnerstëtzt vun de verschiddenen Uspriechpartner.

De Studium soll virun allem Leit uspriechen, déi interesséiert u Chimie an de verschiddene Fachberäicher sinn. D'Mathe an d'Physique sollte kee Problem si wann een op Première keng Problemer domat hat.



Nom Studium huet ee vill verschidde Méiglechkeete fir schaffen ze goen. An der Industrie gi vill Leit gesicht, grad wann et drëms geet fir nei Verfaren ze entwéckelen oder bei der Produktioun vu Produite wéi zu Beispill an der Batterien- oder der Solartechnologie. Natierlech ass d'Recherche och ëmmer eng Optioun.

Freiburg eegent sech extra gutt fir Chimie ze studéieren. Hei befënnt sech ee Fraunhofer-Institut a verschidde Firmen a Beräich hunn hire Sëtz hei. Sou huet ee ganz vill Méiglechkeete fir e Stage ze maachen oder e Minijob ze fannen. Et gëtt och all Joers en Jobdag ofgehalen, wou virun allem Vertrieder aus Däitschland an der Schwäiz present sinn.





MAURICE THOMÉ

Studéiert **Géographie** an **Ingenieur** am Bachelor op der **Uni Freiburg**.

De Maurice ass 23 Joer al a studéiert Geographie am 7. Semester op der Albert-Ludwigs-Universitéit zu Freiburg.

Et gëtt eng Première oder e gläichwäertegen Diplom gefrot, souwéi en numerus clausus dee meeschtens tëscht 2.3 an 3.0 läit. Wann ee sollt op d'Waardelëscht kommen, dierft dat och kee Problem sinn, well an den allermeeschte Fäll gëtt een dann trotzdeem ugeholl.

De Studium behandelt déi zwee grouss Beräicher vun der Geographie: engersäits human Geographie, wou ee Fächer wéi Demographie, Städtebau oder Tourismus huet, an anerersäits d'physesch Geographie, wou een Theme wéi Geomorphologie, Meteorologie oder Hydrologie behandelt.



Den Opbau vum Studium ass relativ villfälteg opgebaut mat Virliesungen, Tutorater, Seminarer, Hausaarbechten an Excursiounen, déi meeschtens ganz flott sinn. Et huet een am Prinzip keng Pflichtveranstaltungen ausser de Seminarer. Ab dem zweete Semester huet ee Wahlpflichtfächer, bei deenen ee grousse Choix huet. Sou kann een sech scho fréi raussichen, a wat fir engem Beräich een sech well spezialiséieren. Am véierte Semester steet normalerweis eng grouss Excursioun an d'Ausland um Programm. Verschidden Destinatioune vun dëser Excursioun kennen zum Beispill d'Alpen oder Skandinavien sinn.

Dat wat een am Studium gesäit ass net onbedéngt vergläichbar mat deem wat een am Lycée gesinn huet, dat géing een hei éischter Landschaftskunde nennen. De Studium ass zudeem zimmlech breet gefächert, sou dass een d'Méiglechkeet huet en Abléck a vill verschidden Domänen ze kréien.

De Maurice géing dëse Studiegang Leit empfeelen, déi Interessi hunn un der Natur an Ëmwelt, oder de Beräicher vun der humaner Geographie. Et soll een awer e gutt Allgemengwësse matbréngen an et muss een sech drop astellen, dass vill nei Saachen op een duerkommen. Och d'Aarbecht mam Computer kann een iwwerraschen (notamment Statistik- a Geomatikprogrammer)

Nom Studium huet een e ganz grousse Choix u Beruffer, déi ee kann ausüben, mee meeschtens ass ee Master gefrot. De Staat an d'Gemenge sichen ëmmer rëm Geographen, et kann een an ee Bureau d'études schaffe goen oder och bei Ponts & Chaussées. Ganz spezifesch kann een och d'Aarbecht bei der däitscher Police nennen, déi Geographe brauch fir hir Kaarten ze aktualiséieren oder Parteien, déi wësse wëlle wou hir Wielerschaft wunnt.





KIM FRAUENBERG

Studéiert **Biologie** am Bachelor
op der **Uni Freiburg**.

D' Kim ass 21 Joer al a studéiert Biologie am 3. Semester op der Albert-Ludwigs-Universitéit zu Freiburg.

De Studium sëtzt eng Première viraus souwéi en numerus clausus, deen normalerweis ëm 2.3 ass. Eng Première C ass vu Virdeel, awer net onbedéngt néideg fir ugeholl ze gi.

An den éischte véier Semester huet ee Grondlagenfächer, déi aus Virliesung an den entspriechenden Übunge bestinn. D' Fächer decken am Fong all Beräich vun der Bio of, sou dass een eng gutt Basis fir déi spéider Semester huet. Dozou kommen am Ufank vum Studium dann och nach relativ vill Mathe, Chimie a Physik, wat als Grondlag dénge soll. An der Reegel gëtt et zu all Fach Virliesungen an Tutorater.

Nom véierte Semester huet een da Vertiefungsfächer, déi een sech ka selwer raussichen. Hei decidéiert een sech, a wat vir engem Gebitt een sech spezialiséiere wëll. Elo kommen och Excursiounen a Geländeübungen op de Stonneplang.

Ganz oft huet een an de Semesterferien nach Praktika oder Labosaarbecht wärend zwou oder dräi Wochen, soudass een dann leider net fräi huet.

Well een sou vill verschidde Beräicher ofdeckt kann et mol sinn, dass engem dat engt Fach net sou gutt gefält an dat anert dofir ëmsou besser.

Dee Studium eegent sech besonnesch fir Leit, déi sech fir Biologie an déi verschidden Ënnerdomänen interesséieren. Et wier ausserdeem net schlecht, wann ee gutt a Mathe, Chimie a Physik ass.

Nom Studium kann ee virun allem am Beräich vun Natur an Ëmwelt schaffe goen, een et kann een awer och an d' Fuerschung goen oder an engem Labo schaffen.

UMWELTNATURWISSENSCHAFTEN



JACQUES THEISEN

Studéiert **Umweltnaturwissenschaften**
am Bachelor op der **Uni Freiburg**.

De Jacques ass 21 Joer al a studéiert Umweltnaturwissenschaften. Hien ass elo a sengem 3. Semester.


Fir dass een ugeholl gëtt, brauch een eng Première oder ee gläichwäertegen Diplom an et gëtt een numerus clausus, deen em 2.5 ass.

Déi éischt Semester bilden Basiswëssen an den Naturwëssenschaften. Bio, Chimie, Physique a Mathe bilden ee substanziellen Deel vun den éischte Semester, awer et fänkt een och direkt mat Fächer wei Bodenkunde oder Geomatik un. Am 2. Semester kann een sech dann eraussichen wat ee gären am Niewefach géing maachen, wat integrale Bestanddeel vum Studium ass. Hei huet een 5 Méiglechkeeten zum Choix. Ab dem 4. Semester huet een dann déi éischt Wahlpflichtfächer an am 6. Semester huet een dann ee Praktikum vun 8 Wochen. Et gi virun allem Virliesungen ugebueden, mat begleedenden Tutorater an Übungen. Hausaarbechten a Seminarer kennen awer och mol virkommen. Et stinn awer och eng ganz Rei Excursiounen um Programm.

Änlech wéi bei de Waldwissenschaften, ginn et och bei den Umweltnaturwissenschaften relativ vill Excursiounen, mais mat aneren Themeberäicher, wéi zum Beispill Naturschutz. Et huet een och hei d'Méiglechkeet vir niewent dem Studium de Juegdschäin, ee Motoseescours, etc. ze maachen.

Dëse Studiegang eegent sech fir Leit, déi un der Natur an Ëmwelt interesséiert sinn, respektiv sech fir Naturwëssenschaften am allgemengen interesséieren.

Wann de Jacques mam Bachelor fäerdeg ass, hänkt hien nach ee Master drun. Hien huet awer kee kloren Dramberuff a léisst sech vill Méiglechkeeten op. D'Bandbreet vu Beruffer, déi een duerno kann ausüben ass relativ breet. Et kann ee beim Staat oder enger Gemeng schaffen oder an engem bureau d'études. Et kann een awer och am Beräich vum Naturschutz schaffen. Raumplanugsbureauen sinn och eng Méiglechkeet.





JEAN-MICHEL BECK

Studéiert **Waldwissenschaften** am Bachelor op der **Uni Freiburg**.

De Jang huet dëse Wanter säi B.Sc an Waldwissenschaften zu Freiburg ugefong.

Fir ranzekommen brauch een eng Première oder gläichwärtegen Ofschloss an et gëtt een numerus clausus, deen tëscht 2.3 an 3.0 leie kann.

De Studium dréint sech, wéi den Numm et scho seet, haaptsächlech ëmt de Bësch an wat domat verbonn ass. Trotzdem gesäit ee vill méi wéi just de Bësch an d'Beem. An den éischte Semesteren gin d'Grondlagen geluecht, déi wichteg sinn vir ee gewëssent Basiswëssen an dat spéiedert Studium. Et gi virun Allem Virlesungen ugebueden, mais et huet een awer och vun Ufank un vill Exkursiounen um Terrain, déi ganz interessant sin a bei deenen ee vill praktëscht Wësse vermëttelt kritt.

De Studiegang gëtt mat engem integréierte Niewefach ugebueden, wou engem 5 Auswielméigélegkeeten ugebuede gin.

Ab dem 5. Semester hot een dann Wahlpflichtfächer, mat deenen ee sech kann weider spézialiséieren, an am 6. Semester ass ee Berufspraktikum virgesinn, deen 8 Wochen dauert.

Wat um Jang séngem Studium aussergewéinlech ass, dat sinn déi vill Exkursiounen. Hei geet een oft an de Bësch fir zum Beispill Maschine beim Asatz ze gesin, Plantatioune kucken ze goen, oder ze léiere wéi verschidde Mossgeräter funktionnéieren. Ausserdem befasst sech de Studiegang vill mat aktuellen Themen wéi der Drechent oder dem Borkenkäfer. Ausserdem bidd d'Universitéit d'Méiglegkeet fir de Juegtschäin, een Holzerntekurs, etc. ze maachen. Déi Saachen sinn zwar net Bestanddeel vum Studium, mais si gin awwer op ville Plazen unerkannt a si wesentlech méi bëlleg, wéi wann een se géif privat maachen.

De Jang seet, dass dee Studium ideal ass fir Leit, déi sech fir De Bësch an d'Ëmwelt interesséieren a gear dobausse sin. De Studium bereet dorop vir, fir duerno am oder mam Bësch ze schaffen.

Nom Bachelor wëll de Jang gear ee Master maachen an dann am Beräich vum Waldschutz schaffen, fir sech mat der zukénfteger Entwéckelung vum Bësch ze beschäftegen. Et

gin awer och nach vill aner Méiglegkeeten, wéi zum Beispill an enger Verwaltung ze schaffen, Fierschter ginn, am Naturschutz schaffen, an d'Holzindustrie ze goen, oder Forstmanagement ze maachen.



FORSTWISSENSCHAFTEN



CATHERINE THEISEN

Studéiert **Forstwissenschaften** am Master op der **Uni Freiburg**.

D'Catherine huet 24 Joer a studéiert Forstwëssenschaften am Master op der Uni Freiburg. Virdrun huet hat säi Bachelor an der Ëmweltplanung a Landschaftsarchitekur op der Uni zu Hannover gemaach.

Bewerbung: Fir am Master Forstwëssenschaften eran ze komme muss ee Bachelor am Ëmweltberäich gemaach hunn. D'Uni kuckt dann op déi Fächer, déi ee gemaach huet mat deenen aus hirem Bachelor iwwertenee passen, fir sécher ze goen, dass een am Master gutt matkënnt. Niewent de Fächer sinn och Stagen an aner Engagementer vu Virdeel fir

eranzekommen. D'Catherine huet eng 1ière G zu Wooltz gemaach an hat ni Problemer mat sengem Studium am Ëmweltberäich.

Studium: Am Forststudium léiert ee wéi de Bësch an d'Kulturlandschaft zesummenhänken. D'Fächer variéiere vun Naturschutz, iwwer Pedologie (Bodenkunde), Hydrologie, Botanik, Geomatik hin zu Verfahrenstechnik, Waldmesslehre a Waldwachstum. De Master Forststudium ass zu Freiburg bësse méi speziell opgebaut. De Studium baut op Modullen, déi ëmmer 3 Wochen daueren. Dat heescht et huet ee quasi eng "normal" Schaffwoch, déi mat engem Fach gefëllt ass. An deenen 3 Wochen ass dann och well d'Prüfungsleeschtung / d'Klausur vun deem Module mat abegraff. Dat huet de Virdeel, dass een sech komplett op ee Fach konzentréiere kann an nik parallel nach un anere Fächer muss denken. Den Nodeel ass awer, dass ee gefillt dauernd Klausuren huet an nik wierklech aus dem Léieren erauskënnt. Dobäi kënnt, dass een sech nik an der Déift mat engem Fach auserneesetze kann, well 3 Woche relativ séier eriwwer sinn. Am Masterstudium Forst ass een an enger klenger Klass vu ca. 30 Leit, wat cool ass well een ënner seng Komolitonen duerch d'Gruppenaarbechten an deene villen Excursiounen um Terrain relativ séier kenne léiert. Niewent de Modullen an de Klausure muss een awer och nach 7 Woche Stage an eng Masterarbecht maache fir kënnen de Master Diplom ze kréien.

Perspektiven: Mam Master an de Forstwëssenschafte kann d'Catherine zu Lëtzebuerg a verschiddene Beräicher schaffen. Am Géigendeel zu engem Fieschter, ass hat herno méi fir dee planereschen Deel vun der Exploitatioun an der Gestioun vum Bësch an engem Team zoustänneg. Hat kann zum enge beim Staat bei d'Administration de la nature et des forêts (ANF) schaffe goen oder de verschiddene Bureaux d'études (Luxplan, Efor-Ersa, Lignafor,...) ënnerdaach kommen. Ansonste gi bei Natur an Ëmwelt oder beim Sicona och ëmmer erëm Leit mat engem Forst-Diplom gesicht.

D'Catherine géing säi Studium weider recommandéieren, och wann ee muss stressresistent sinn a leider nik op all Stammdësch goe kann.

Mee so Catherine, ass do nach eppes, wat s du selwer gäre virun dengem Studium op der Uni Freiburg gewosst häss, an eisen zukünftege Student*inne wëlls matdeelen?

Am Studium gëtt een ëmmer an d'kaalt Waasser gehäit, dat ass einfach esou an do kënnt een nik ronderëm. Mee am Nachhinein hätt ech heiansdo gäre gewosst, wéi stresseg dee Modullsystem ass. Oft huet een d'Gefill, dass d'Wëssen nik fundéiert gëtt, ma relativ iwwerflächlech bleift. A mengem Bachelor Studium hunn ech geléiert wéi wichteg et ass fir d'Studienverlaufspläng ze liesen an d'Modulhandbicher ze studéieren iert een sech Bewerbt. Ech wosst dass de Modullsystem stresseg wier an ha mech doropper agelooss well mir Freiburg extrem gefall huet an d'Uni ee gudde Ruff am Forst-Beräich huet. An déi aner Unie wou Forstwëssenschaften ugebuede gi si méi wäit fort.







FAQ vun zukünftege Student*innen



Als zukünfteg Student*in stellt een sech esou munch Froen. Mir wëssen aus Erfarung, dass d'Mass vun Informatiounen, déi engem bei der Sich vum richtege Studium iwwert de Wee leeft een heiansdo erschléit an ee vu Villem veronséchert gëtt . An awer, ass et keng Hexerei! Hei beäntwerte mir iech déi Froen, déi iech ënnert de Neel brennen. Wann der nach weider Froen hutt, zéckt net eis déi um Student fir 1 Dag oder op der Studentefoire perséinlech ze stellen. Dir kënnt eis och bei aneren Occasiounen uschwätzen oder einfach uschreiwen!



BEWERBUNG FIR D'UNI FREIBURG

KANN ECH MECH FIR MÉI FÄCHER BEWERBEN?

Jo, dat ass méiglech. Mä opgepasst, hei ginn et Aschränkungen: Du kanns dech bei zulassungsbeschränkte Fächer maximal op 3 bewerben. Bei zulassungsfreie Fächer gëtt et keng Grenz.

KANN ECH NACH ËNNERLAGEN NO DER BEWERBUNGSFRIST ERASCHÉCKEN?

Nee, dat geet leider net. Et gëtt näischt méi berécksiichtegt, wat s du no der Frist eraschécks. Dat gëllt net, wann s du dech op ee méi héicht Semester bewerbs. Hei gëtt et eng sougenannten Nachreichfrist. Méi dozou fënns du um Site vum Service Center Studium vun der Uni Freiburg.

WÉINI KRÉIEN ECH ENG ZOUSO RESPEKTIV ENG OFSO?

Dat dauert op der Uni Freiburg leider e bësse méi laang. Fir d'Wantersemester kriss du ab Mëtt September Bescheed gesot. Wéini datt s de dech dann immatrikuléiere kanns, fënns de um Site an op dengem Zulassungsbescheid.

ECH HUNN NËMMEN ENG ZOUSO FIR MÄIN HAAPTFACH, AWER NET FIR MÄIN NIEWEFACH. KANN ECH MECH DANN TROTZDEEM ASCHREIWEN?

Nee, dat geet net. Du muss eng vollstänneg Studiengangskombinatioun hunn. Mä hei kanns de dir noutfallméisseg een zulassungsfreies Niewefach eraussichen, fir dat ee normalerweis ugeholl gëtt an dech dann no der Bewerbung mat deem Immatrikuléieren. Wann et dir guer net gefält , kanns du natierlech och zu engem spéidere Semester wiesselen.

WÉI MELLEN ECH MECH FIR DAT ZWEET SEMESTER UN?

Dofir muss du just de Semesterbeitrag bezuelen, dat geet entweeder iwwer d'Plattform, déi d'Uni benotzt oder einfach per Iwwerweisung. Mä opgepasst, et gi Fristen:

- **fir d' Wantersemester: 01. Juni bis 15. August**
- **fir d' Summersemester: 15. Januar bis 15. Februar**

Méi dozou fënns du, wann s du "Rückmeldung Uni Freiburg" googles.

STUDIUM

WÉI VILL ASS DE WORKLOAD WIERKLECH?

Dat hänkt ganz vum Studium of. Een ECTS ass mat ongeféier 30 Aarbechtsstonne gerechent, mee dat ass nëmmen zum Deel realistesch, et sinn der an der Reegel oft manner. Dat hänkt natierlech dovunner of wéi vill een sech an engem Fach investéiere wëll an op de Proff de Workload vun deenen 30 Stonne richteg aschätze kann. Summa sumarum kann ee soen, dass een sech an dem enge Fach méi muss druginn, wéi an dem aneren.

WÉI LAFEN D'COURSE KONKRET OF?

Dat hänkt vun der Aart vum Cours of. Et gëtt engersäits Virliesungen, dat ass am Normalfall keng Pflichtveranstaltung, dat heescht du muss net dohinner goen. Dat läit dir fräi. (Et hëlleft awer heiansdo bei der Prüfungsvirbereedung, d'Theme well eng Kéier héieren ze hunn.) Tutorater gi meeschtens vu Student*inne gefouert, déi d'Virliesung oder d'Seminar rekapituléieren an d'Saache mat de Student*innen üben. Och wann en Tutorat net ëmmer Flicht ass, ass et wierklech ze recommandéieren, well een dee ganze Stoff esou besser versteet an een automatesch bäiléiert. Déi Student*inne stinn och ëmmer fir Froen zur Verfügung.

(Praktesch) Übung An der Übung ginn Aufgaben zesumme geübt a geléist! Übunge ginn dacks an de Virliesungen ausgedeelt, vun deenen e puer doheem an e puer an der Übung diskutéiert ginn. D'Zuel vun de Participanten un der Übung ass limitéiert, fir datt d'Studenten eng gutt Betreiung kréien. D'Übung gëtt normalerweis nieft engem Virtrag oder Seminar ugebueden.

Tutorater huelen an den Humanwëssenschaften eng änlech Funktioun an. Seminarer si meeschtens a méi klenge Gruppen a méi perséinlech mam Proff. Dat si meeschtens Pflichtveranstalunge, wou d'Presenze geholl ginn. A Seminarer gëtt normalerweis e Stoff (z.B. Texter) diskutéiert, deen een virdru virbereede sollt.

Projekt si Fächer wou een an enger klenger Grupp eppes muss ausschaffe wou een awer deelweis vun engem Proff begleet gëtt a Presenzpflicht herrscht. Et muss een do si vir ze bestoen.

WÉI ASS D'BEZÉIUNG TËSCHENT DOZENT A STUDENT?

Dat hänkt ganz vill vum Proff an deem sengem Charakter of. Virun allem an deene Fächer wou een zu manner ass, wéi zum Beispill an de Seminarer, sinn d'Proffe méi "Nahbar". Vill Proffen hu Freed drun hier Leidenschaft fir hire Fachberäich un d'Student*inne weider ze ginn an diskutéiere gäre mat engem. Anerer si ganz reservéiert a wëllen näischt mat hire Studis ze dinn hunn. Et ass e bësse wéi am Lycée: et ginn déi gutt Proffen, déi gäre Léieren an déi déi dat just maache well se soss net fuerschen dierfen.

WOU FANNEN ECH KONKRET INFORMATIOUNEN ZU DEN EENZELE STUDIEGÄNG?

Informatioune fënnt een op ville méigleche Plazen. Natierlech ass den Internetsite vun der Universitéit eng ganz wichteg Quell. Hei sollt ee virun allem de Studienverlaufsplan/ Curriculum an d'Modulhandbuch ganz genau ënnert d'Lupp huelen! Vill Unien hu mëttlerweil och well Videoen/ aner Werbemethode fir hier Studiegäng ze promoten. Och Student*innen, déi mat deem spezifesche Studiegang amgaange sinn, sinn eng qualitativ wäertvoll Quell, well si e realistescht Bild ofgi kënnen. Aner Informatioune kann een am Internet oder a Broschüre fannen.

WÉI VERGLÄICHEN ECH D'STUDIEGÄNG AM BESCHTEN?

Beim Sichen an dem Vergläiche vun de Studiegäng ass et wichteg op der Internetsäit vum Studiegang, de Studienverlaufsplan oder Curriculum an d'Modulhandbuch ze liesen. De Studienverlaufsplan ass eng Tabell, an der déi eenzel Fächer no Semester an ECTS-Valeur opgelëscht sinn. An deem Plang gëtt virgeschloe wat fir eng Fächer een a wéinegem Semester sollt maachen. Am Modulhandbuch sinn all d'Flicht- a Wahlflichtfächer opgelëscht a genau beschriwwen ëm wat et an engem Fach geet, wéiee Proff dat ubitt, d'ECTS-Unzuel an d'Form vun der Prüfungsleistung. All Uni baut hier Studiegäng bëssen anescht op, dofir muss ee genau kucke wéi eng Fächerzesummestellung engem am beschte gefält a wou am mannste Fächer sinn, déi ee lo net esou gäere mëscht (der sinn ëmmer drënner) . Oft kritt een duerch d'Modulhandbuch awer net wierklech e Gefill, wéi interessant e Cours ass. Dat gesäit een oft réischt an der Veranstaltung selwer.

OB WÉI ENG SPROOCH WËLL ECH STUDÉIEREN?

Fir déi meescht ass dat déi Sprooch, déi engem am liichtste fält. Hei muss een awer oppassen, dass dat net den éischte Critère ass, deen ee soll berécksiichtegen. Déi ënnerschiddlech Länner hunn ënnerschiddlech Universitéitssystemer. Jo, et muss een e gewëssen Niveau hunn, fir dass een an dëser Sprooch studéiere kann, mee Sprooche léiere sech ganz séier, wann een se benotze muss. Zu Freiburg ginn am Bachelor nëmmen Däitsch Studiegäng ugebueden. Am Master ginn et dann awer och Englesch Studiegäng.

KANN ECH DE STUDIEGANG, DEEN ECH ENVISAGÉIERE MAT MENGE KAPAZITÉITE PACKEN?

An der Reegel sinn éischter d'Feele vu Motivatioun, dat falscht Fach a Fläiss de Grond, firwat ee säi Studium ofbrécht. Mat enger Première aus Lëtzebuerg ass ee besser wéi déi allermeeschte Kommilitonen op säi Studium virbereet.

WÄERT DEE STUDIUM DEEN ECH MIR AUSSICHE MIR OCH GEFALEN?

Wichteg ass, dass een sech gutt informéiert. Wann ee ka bei engem/enger Student*in nofroen, wéi de Studium wierklech ass, da soll een dat maachen. Och Eventer wéi de Student fir 1 Dag oder d'Foire de l'Etudiant si gutt Occasioune fir un Infoen ze kommen. Falls een elo selwer kee kennt, deen dat Fach studéiert, kann ee bei de Lëtzebuerger Studentecerclen(zu Freiburg de SLUF) nofroen. Si ginn de Kontakt dann un déi richteg Uspriechpartner weider. Leider gëtt et ni eng honnertprozenteg Sécherheet, dass de Studium dir och gefält. Mä keng Angscht, vill Student*inne wiesselen hiert Fach nom éischte Semester. Dat ass guer net schlëmm, mä dréit zum Prozess bäi, dat s du weess wat s du wëlls. E Joer wou ee

gewiesselt huet ass ni verluer, et huet een awer ganz vill geléiert (ënner anerem de Frigo selwer fëllen a kucken, dass eppes op den Dësch kënnt!)

ASS DAT WAT ECH WËLL STUDÉIERE GOEN DE RICHTEGE STUDIEGANG FIR MECH?

Wichteg ass, rauszefannen, wat genau an dem Studiegang gemaach gëtt. Sech informéieren ass den A an den O. D'Uni bitt och Orientéierungstests un, déi ee maache kann. Et kann een awer och an eng gratis Berodung goen. Informatiounen heizou sinn um Site vun der Uni ze fannen.

MAT WÉI ENGE STUDIE KANN EE WÉI ENG BERUFFER MAACHEN?

Wärend dem Studium huet een entweeder e kloert Zil virun den Aen oder nach puer Zweifel, wat een da lo wierklech wëll maachen. Och do bitt de Studium bëssen Hëllef vue dat ee jee no Studium puer Praktika maache muss. Och wann et net am Studienverlaufsplan virgesinn ass, kanns du natierlech gäre Stage maachen. Eng aner Offer, déi d'Uni bitt an déi een an de meeschte Fächer och maache muss sinn d'BOK Coursen. Hei kann ee Coursë beleeën, déi engem Kompetenze fir verschidde Beruffsfelder solle mat op de Wee ginn. Ee Beispill ass de Lektorat Cours, bei deem s de verschidde Kompetenzen erléiers fir e spezifesche Beruff, an deen der och éischt Abléck gëtt. Mä och am Thema Beruff bitt d'Uni Berodungen a Veranstaltungen un.

(IWWER)LIEWEN

WÉI LIICHT KËNNT EEN AN D'STUDENTELIEWEN ERA BZW WÉI LIICHT LÉIERT EE LEIT KENNEN?

An Däitschland gëtt et virum eigentleche Studiestart eng sougenannten Erstiwoch. Déi ass am Fong och dofir geduecht fir seng Kommiliton*inne kennen ze léieren. Déi sollt een op alle Fall matmaachen. Och Gruppenaarbechte kënnen dozou bäidroen nei Leit kennen ze léieren. Ee Cercle ass och eng Méiglechkeet fir nei Leit kennen ze léieren. De SLUF ass esou e Cercle, allerdéngs just fir Lëtzebuerger*innen. Op der Uni ginn et awer och Fachschaften, also Cerclen fir déi spezifesch Studiegäng.

WÉI KOMMEN ECH UN ENG GUTT WUNNENG?

Dat ass oft mat Chance a vill siche verbonnen. Meeschtens mécht ee gutt Affäre wann een ee kennt, deen ee kennt, deen aus senger Wunneng rausplënnert. D'Cerclen hunn oft Gruppen, déi fir d'Wunnengssich gemaach sinn. Do schued et net mol eranzekucken. Als Tipp kënne mir och déi lokal Zeitungen nennen, wou oft Annoncen drastinn. Soss bitt och d' Studierendenwerk (SWFR) Zëmmeren un. Wann s du guer näischt solls fannen, bidde si och eng Notfallunterkunft un.

FILLEN ECH MECH AN DER NEIER STAD WUEL?

De Student fir een Dag ass eng wonnerbar Geleenheet fir dat erauszefannen. Et ass och net schlecht sech seng zukünfteg Studentestad eng kéier virum Studium ukucken ze goen. Zu Freiburg kann ee mat grousser Warscheinlechkeet soen: Jo! Et ass eng schéi Staat, déi net ze

grouss ass, d'Klima bekënnt engem gutt, virun allem déi vill Sonn an et gi vill Méiglechkeeten seng Fräizäit ze gestalten. Ausserdeem sinn d'Freiburger*inne frëndlech an oppen.

AN WÉI ENGER STAD WËLL ECH STUDÉIEREN?

Et ass wichteg dat s de der e Studium raussichs deen dir gefält. Wann s de deen a puer Stied ugebuede kriss, kënne ma Visitte vun de Stied recommandéieren. Och hei kanns du déi ënnerschiddlech Cerclë kontaktéiere fir éischt Andréck ze kréien. Et ass nämlech och wichteg, dat een sech a senger Unisstad wuelfillt an och vum Studenteliewe profitéiere kann.

WÉI WÄIT WËLL ECH FORT VUN DOHEEM?

Dat ass natierlech eng perséinlech Fro. Mir hei zu Freiburg kënnen all eng Distanz vun 3-4 Autosstonnen nëmme recommandéiere vu datt ee wäit genuch fort ass vun Doheem fir selbststänneg ze ginn an awer och no genuch fir mol spontan e Weekend op Lëtzebuerg ze fueren. D'Fro op ee wëll Weekends heem komme steet bei villen och am Raum. Déi léist sech einfach beäntwerten. Komm Heem wann et der dono ass, du muss jo net all Woch hin an hier fueren, dat ass stresseg, deier an et verléiert ee vill Zäit. Et huet ee vu béide Welten ëmmer nëmmen d'Hallschent . Stell der d'Fro op s de Doheem Verflichtungen hues, zum Beispill wann s de an engem Veräi bass, bei deem s de no der Uniszäit och nach wëlls aktiv sinn. Vill Frëndschaften aus der Lycéeszäit wäerten sech verléieren an et gesäit een sech just nach zoufälleg. Dat ass ganz normal, dofir fënnt een op der Uni nei Leit.

GËTT ET ENG GROUSS ËMSTELLUNG ODER LIEFT EEN SECH SÉIER AN?

Et ass sécher net wéi Doheem. Et muss ee léieren alles selwer ze maachen an et ass keen do, den ëmmer hannert engem ass. Dat bréng engersäits vill Fräiheeten an anerersäits och Responsabilitéite mat sech. Déi meescht ginn awer relativ séier eens. Wat hëlleft, ass wann ee Kolleegen huet, déi engem hëllefen oder mat deenen ee ka schwätzen, wann et mol net sou geet wéi een et gären hätt. Direkt nom éischte Semester mierks du wéi vill dat s du fir d' Liewe geléiert hues.

SUEN SI KNAPP, WÉI KOMMEN ECH BËLLEG U GESOND IESSEN?

Vegetaresch ass an der Reegel manner deier. Et lount sech och op de Maart ze goen. Do kritt een d'Geméis oft méi bëlleg wéi am Buttek. Ausserdeem kritt een do regional a saisonal Produiten ze kafen. D'Mensa ass och eng käschtegënschteg Alternativ wou een och Vegetaresch Platen kritt. Deen Däitsche Cactus heescht entweder Rewe, Edeka oder Kaufland. Bei den Discounter kommen dann nach Aldi, Lidl, Netto a Penny dobäi. Wann een sech heiansdo e bësse méi gënne wëll, kann een natierlech och kucke fir e Studentenjob ze fannen, egal op an engem Butteck, Café oder op der Uni selwer.

WEI GUTT ASS DE LOKALE BÉIER?

Zu Freiburg huet een do ee ganz grousse Choix, do ass fir jiddereen eppes dobäi. Déi Haaptmarken si Rothaus, Waldhaus, Ganter a Fürstenberg.

INSIDERTIPPS



INSTIDERTIPPS

- Eng Virstellung am Planetarium sollt een sech net entgoe loossen! Student*inne bezuele just 5€.
- An der Hausbrauerei Feierling kann een de Béier am 2-Liter-Krou kafen.
- An der Brennessel kriss du all Dag vun 18h-19h30 Spaghetti Bolognese oder mat Tomatenzooss (V) fir 2,80€.
- Den héchste Bam aus ganz Däitschland steet zu Freiburg am Mühlwald an ass mam Tram 2 z'erreechen!
- Mat der "Too Good To Go" App kriss du bëlleg Iessen, wat d'Butteker soss misste fort geheien. Domat méchs du net nëmmen eppes Guddes géint d'Iessensverschwendung, mee du kriss och vill lecker Saache ganz bëlleg.
- Nieft dem Unisport hu mir ënnert de Lëtzebuerger*innen eng helle Wull u Sportsgruppen (Spikeball, Badminton, Fussball, etc.) fir zesumme spillen ze goen. Hei heescht et: just for fun!
- E ganz schéine Chrëschtmaart gëtt et am Wanter all Joers an der Ravennaschlucht.
- Wärend dem Semester fënnt am T.I.K. all Dënschden e Béierpong-Tournoi statt.
- Schéi Vuen iwwer Freiburg huet ee vum Schlossberg oder vun der Hebsackwiese.
- Déi beschten an authenteschste Pizza kriss du bei der Pizzeria Isabella (och via Lieferando).
- Fir e flotten Dagesausfluch eegent sech de Mundenhof. D'Entrée ass gratis.
- Bluttspende goe kanns du an der Uniklinik. Domat méchs du net nëmmen eppes Guddes, mee du kriss och all Kéiers 25€ als zousätzlech Motivatioun.
- Student*inne kréien am Timeout 10% Rabatt op Iessen a Gedrénks, wa si d'Studentekaart virun der Bestellung weisen.
- Freiburg ass Risikogebitt fir d'Zeckekrankheet FSME an dowéinst ass den Impfstoff hei gratis. Zu Lëtzebuerg kascht en dogéint ronn 35€.
- Bei d'Kaiserin gees du am beschte Sonndes brunchen, well dann hu si en extra Brunchmenu.
- Déi leckerste Falafel kriss du beim Amara.
- Ideal fir sech am Summer ofzekillen ass de Flückigersee am Seepark, d'Dreisam, den Opfinger See oder den Dietenbachsee.
- An den Uni-Mensen kriss du net nëmme lecker, mee och bëlleg z'iessen. Falls du net wëlls eleng goen, dann join eis Mensagrupp am FB-Messenger.

10 COOL BAREN A CAFÉEN AN DEENEN EE MUSS GEWIESCHT SINN

- **Cheers –** An d. Mehlwaage 8
- **Schlappen –** Löwenstraße 2
- **Schwarzer Kater –** Bertoldstraße 26
- **O'Kellys –** Milchstraße 1
- **Shooter Stars –** Niemensstraße 13
- **Feierling –** Gerberau 46
- **T.I.K. –** Sundgauallee 36
- **Borso Bar –** Moltkestraße 30
- **Schachtel –** Adelhauser Str. 7
- **Oscar Wilde's Irish Pub &Café –** Humboldtstraße 2-4

5 RESTAURANTE FIR SPUERSAM STUDENT*INNEN

- **Euphrat –** Niemensstraße 13, https://euphrat.com/
- **Brennessel –** Eschholzstraße 17, http://www.brennessel-freiburg.de/
- **Veggie Liebe –** Moltkestraße 3, https://veggie-liebe.eatbu.com/
- **Cafe Atlantik –** Schwabentorring 7, https://www.cafe-atlantik.de/
- **Markthalle –** Grünwälderstraße 4, https://www.markthalle-freiburg.de/



5 RESTAURANTE FIR MAT DEN ELTEREN

- **Restaurant & Weinstube Heiliggeist Stüble –** Münsterplatz 15; http://www.heiliggeist-stueble-freiburg.de/
- **Restaurant Lichtblick –** Konviktstraße 41; https://www.lichtblick-freiburg.de/
- **Das Kartoffelhaus –** Basler Str. 10, https://www.daskartoffelhaus.de/
- **Drexlers –** Rosastraße 9, http://www.drexlers-restaurant.de/
- **Wolfshöhle –** Konviktstraße 8; http://www.wolfshoehle-freiburg.de/

5 FLOTT PLAZE FIR ZE BRUNCHEN

- **SamS Café –** Münsterplatz 11; https://sams-freiburg.de/
- **Manna –** Salzstr, Augustinerpl. 28; http://www.manna-die-spezerei.de/
- **Extrablatt –** Schreiberstraße 1; https://cafe-extrablatt.de/standorte/details/cafe-extrablatt-freiburg
- **Timeout –** Talstraße 9; http://www.timeout-freiburg.de/
- **Die Kaiserin am Güterbahnhof –** Ingeborg-Krummer-Schroth-Straße 31; http://www.diekaiserin.jetzt//







10

LIEWEN ZU FREIBURG

A. 10 SAACHEN, DÉI EEN ONBEDÉNGT ZU FREIBURG MUSS GEMAACH HUN

Du bass op der Uni ageschriwwen an hues den Wunneng ageriicht an frees dech elo, wat dass de zu Freiburg onbedéngt muss maachen, fir dech wéi en waschechten Freiburger ze fillen?

1. SECH EE VELO USCHAFEN

Schnell wäerts de feststellen, dass e richtege Freiburger e Vëlo brauch. Di gréng Staat léisst sech am beschte mam Drotiesel entdecken an och am Alldag kenns de mam Vëlo am séierste vun A op B. Well de Vëlo dat beléiftste Fortbewegungsmëttel ënnert de Freiburger*innen ass, sinn d'Vëlosweer gutt ausgebaut an kenns sou am Beschte ronderëm de Stau. Däin Vëlo kanns du fir bëllegt Geld op der Fahrradversteigerung vun der Uni ersteen (ëmmer am ufank vum Wantersemester), op der Fahrradmesse oder ganz einfach Secondhand ergatteren. Zudeem bitt d'Staat mëttlerweil Vëloen un di en ka léinen.

Als Student*in vun der Uni Freiburg, der Musikhochschule, der PH oder der Hochschule Macromedia kanns du d'Freloe praktesch komplett gratis benotzen. Op diverse Frelo-Statioune kanns de der e Vëlo gratis fir 30 Minutten leinen. Tëschent all Faart muss du just 15 Minutte waarden an dann ass de Frelo rëm gratis fir eng hallef Stonn. Lued dir d'App "Nextbike" erof, mell dech mat denger Uni-Email un a lass!

2. ENG WANDERUNG UM SCHAUINSLAND

Den 1284 Meter héije Schauinsland ass den Hausbierg vu Freiburg an e beléift Ausfluchzil. Mat der Schauinslandbahn – di iwwregens di längste Kabinen-Umlauf-Bahn a ganz Däitschland ass –, kanns de erop op de Bierg fueren an op de Schauinslandturm wanderen, wou's de eng wonnerschéi Vue op Freiburg an op d'Ëmgéigend hues. Mat denger Studentekaart kanns de natierlech méi bëlleg mat der Bunn fueren!

3. OP DE FELDBERG SKI FUEREN GOEN

En anert beléift Ziel vun de Freiburger*innen ass de Feldberg! D'Géigend ass di hechstgeleeën am ganze Schwarzwald, sou dass d'Leit sech am Wanter kennen iwwert genuch Schnéi freeën. Fir all di Skibegeeschtert ënnert de Studenten*innen ass dëst natierlech di optimal Geleeënheet fir mol erëm eng Kéier d'Brieder ënnert d'Schung ze schnallen an sech op deenen 32 Schipisten auszetoben. Fir déi di sech net op d'Ski trauen, kennen op der Wanterhütt am Dezember bëssen Feldbergloft schnupperen a mam SLUF um Samschde bëssen spadséiere goen. Am Summer kann en op de Feldbergtuerm wanderen oder och mam Vëlo fuere goen.

4. RONDERËM DEN TITISEE/ SCHLUCHSEE TRËPPELEN

Den Titisee ass och en immens beléift Ausfluchzil an der Géigend. Virun allem am Summer lockt en vill Gäscht un. Wann d'Famill mol op Besuch ass bitt et sech un eng Wanderung em de Séi ze ënnerhuelen oder eng Seerundfahrt ze maachen an d'Natur ze genéissen! Bei schlechtem Wieder oder am Wanter kann en säin Dag am Badeparadis verbréngen a puer Cocktailer schlürfen, de Spa-Beräich entdecken oder rutsche goen.

Och de Schluchsee – de gréisste Séi am Schwarzwald – zitt vill Tourist*innen un an ass eiser Meenung no e gutt Stéck méi schéin wéi den Titisee. Vun Freiburg aus fiert en nëmme gutt 50–60 Minutten a schonn ass en am Hochschwarzwald. Virun allem fir en Segeltour bitt sech de Schluchsee un awer och bei de Waasserraten ass en beléift.



Bildquelle: LIS GEISEN

Schauinsland / Bildquelle: LIS GEISEN



Titisee / Bildquelle: LIS GEISEN



5. E BÉIER AM BIERGARTEN DRÉNKEN

Fir all d'Béierfrenn ass en Abstecher am Biergarten e Muss! Am Summer kanns de dech am Feierling sengem Biergarten mat engem hausgemaachenem Béier entspanen an hier Hausmannskascht genéissen. Oder du rous dech no dengem ustrengende Wee op de Schlossberg am Biergarten um Schlossberg aus.

6. DE MAART OP DER MÜNSTERPLATZ

De Freiburgermüsntermark, den all Dag vu 7.30 – 13.30 a Samschdes vu 7.30–14.00 stattfënnt, ass warscheinlech di nohaltegst a regionaalste Platz op däers de kanns akafe goen! Landwirt*innen, di aus dem ganzen Dreisamtal heihikommen, bidde frëscht Uebst a Geméis un, jee nodeems wat d'Saison hiergëtt, awer och Handwierker*innen bidden do hier Konschtwierker un. An op Allefall muss all Student*in eng Kéier de Stefans Käsekuchen vum Münstermaart giess hunn!

7. ENG LANGE ROTE OP DER MÜNSTERPLATZ IESSEN

D'Lange Rote ass wuel dat knackegste Wahrzeeche vu Freiburg! D'Wurscht ass 35 cm laang a – wéi de Numm et schonns seet – rout. 7 Stänn bidden di traditionell Grillwurscht un, awer sief mat Zäit un, well Mëttes steet en scho mol gär an der Schlaang fir di beléifte Wurscht ze kréien! Geheimtipp: E richtege freiburger Bobbele ësst seng Lange Rote ëmmer am ganze Stéck, wann s de se an der Mëtt knécks gëss de dech als Tourist ze erkennen.

8. E SPADZÉIERGANG DUERCH D'ALSTADT

Klengt banal, ass awer ëmmer erëm wonnerschéin. No engem stressegen Unisdag ass et entspanend en klengen Tierchen duerch di verwénckelt Gaassen ze maachen, an di léif kleng Geschäfter eranzeluussen oder de „blauer Regen" an der Konviktstraße ze bewonneren.

9. AN DE SEEPARK SCHWAMME GOEN

Schnell wäerts de mierken, dass sech d'Liewen zu Freiburg am Fréijoer an am Summer dobaussen ofspillt. An wat gëtt et dann och Besseres, no engem ustrengenden Dag op der Uni d'Séil an der frëscher Loft am Seepark baumelen ze loossen?! Hei kanns de mat denge Kolleege grillen, chillen, an Spikeball spillen. Spikeball ass een beleiften Spill ennert den Student*innen wat an der Freiburger Park Landschaft net mei eweg ze denken ass.

10. BIRKENSTOCK KAFE GOEN

Näischt seet méi iwwert d'Freiburger aus, wéi hiert Schongwierk! Et gehéiert wuel zum gudden Toun – soubal di éischt Sonnestrale luusse komme – Birkenstocks auszepaken. Wëll en sech de freiburger Bobbelen upassen, dann duerfen déi sécherlech net feelen.



Bildquelle: https://visit.freiburg.de/attraktionen/muenstermarkt-freiburg



Alstaat / Bildquelle: LIS GEISEN

Alstaat / Bildquelle: LIS GEISEN



B. SC FREIBURG - „TIEF IM SÜDEN…“

„SC Freiburg vor, immer wieder vor!“, dat sangen dausende vu Fans op der Nordtribün wann am Schwarzwaldstadion d‘ Spiller vum Sport-Club Freiburg mol erëm eng Kéier hiert d‘ Bescht ginn de Match ze wannen. Net seele fënnt een ënnert deene ville Fans och Lëtzebuerger Studenten, déi sech alt mol erëm eng Kéier ee Studententicket fir eng Stéiplaz ergattert hunn. Souwuel fir Fussballfrënn a leidenschaftlech SC-Fans, mee och fir déi manner Fussballsbegeeschtert suergt eleng schonn déi gutt Stëmmung am Stadion fir eng eemoleg Erfarung!

Du bass nei zu Freiburg an interesséiers dech fir Fussball respektiv fir den SC Freiburg? Ma dann ass dësen Artikel genau dat richtegt fir dech! Hei fënns du déi wichtegst Fakten zum beschte Fussballveräin aus der Schwarzwaldmetropol.

De Sport-Club Freiburg gouf den 30. Mee 1904 gegrënnt. D‘ Veräinsfaarwen si wäiss a rout an hiert Wopen ass op der lénkser Säit mat engem Greifekapp an op der rietser Säit mam Kierzel „SCF“ verséiert. D‘ Härenequippe vum SC Freiburg, also eis Profisfussballspiller, spille säit der Saison 2016/2017 och erëm an der éischter Bundesliga. Dësen Erfolleg wier awer ouni hire super Trainer, de Christian Streich, deen d‘ Equippe scho säit 2012/2013 trainéiert, net méiglech gewiescht.

Du wëlls gär méi iwwert de Veräin an seng Geschicht léieren? Dann passéier eemol op hirer Internetsäit. Héi fënns du all déi néideg Fakten zum SC Freiburg:
https://www.scfreiburg.com

Mee wou spillt den SC Freiburg dann iwwerhaapt hir Matcher aus? Do wier mol eise Europa-Park-Stadion, an deem och d‘ Matcher vun der éischter Bundesliga gespillt ginn. Fréier gouffen d‘Matcher am Schwarzwaldstadion gespillt, deen, mat enger Kapazitéit vu 24.000 Plazen, leit a Littenweiler, direkt un der Dreisam, an ass ganz liicht entweder mam Vëlo oder mat der Tramslinn Nr. 1 ze areechen ass (Schwarzwaldstraße 193, 79117 Freiburg im Breisgau). Och wann de Stadion vu baussen net onbedéngt spektakulär ausgesäit, huet en awer säi Charme. Vun der Nordtribün aus kanns du nämlech net nëmmen ee flotte Fussballmatch kucken, mee och de Schwarzwald am Hannergrond betruechten. Virun allem huet dëse Stadion eng Besonneschkeet: Den Terrain ass net ganz flaach. Tëschent deenen zwee Goaler ass een Héichtenënnerscheed vun engem Meter. Jo, bei eis hei zu Freiburg lafen d‘ Fussballspiller um Terrain biergop! Dëst ass awer ënnert anerem och de Grond, firwat den SC Freiburg ab der leschter Saison 2020/21 an hirem neie Stadion dem SC-Stadion spille wäert. De SC-Stadion léisst 34.700 Zuschauer zou ass also dat neit Doheem vun der éischter Härenequippe ginn. D‘ Anlag steet am Staddeel Brühl an ass nieft dem Flugplatz Freiburg.

An? Hues de mëttlerweil Loscht krut eemol ee Match vum SC Freiburg kucken ze goen? Tickets fir all Heemspill kanns de der ganz einfach op hirer Internetsäit, iwwer Telefon oder an hirem Fanshop kafen. Hei kritt ee souwuel Setz- wéi och Stéiplazen. Als Student kriss du natierlech och eng kleng Ermässegung op däin Ticket! Klengt dat net gutt? Wann s de awer sécher goe wëlls, dass de och wierklech een Ticket kriss an s de gär ëfters an de Stadion gees, lount et sech eng Mitgliedschaft beim SC Freiburg unzefroen. Dann gëtt et awer och nach d‘ Dauerkaart mat der s du all Match kanns kucke goen, ouni der een Ticket mussen

ze huelen. Fir un esou eng ze kommen ass leider e gutt Stéck méi schwéier, well déi Unzuel limitéiert ass. Méi Infoen dozou fënns du och um Site vum SC Freiburg.

Wann s de dann elo däin Ticket hues fir däin éischte Match kucken ze goen, dierf der natierlech och kee schicken Accessoire an de Veräinsfaarwe vum SC Freiburg feelen! Ee coole Fanschal oder een Trikot kanns de ganz einfach an all hire Fanshops kafen, wouvun och een direkt am Schwarzwaldstadion ass (Schwarzwaldstraße 193, 79117 Freiburg). Dann gëtt et nach ee Fanshop hei zu Freiburg an der Rathausgasse (Rathausgasse 15, 79098 Freiburg) an eben een Online-Fanshop.

Voilà, lo bass de prett fir däin éischten SC Freiburg Match an de Europa-Park-Stadion kucken ze goen an engem flotten Nomëtten am Stadion steet näischt méi am Wee!

C. KULTUR



THEATER / KONZERT

1. STADTTHEATER

Situéiert nieft der Universitéitsbibliothéik a vis-à-vis vum KG II, gehéiert de „Stadtheater" zum Kär vun der Freiburger Alstad. Ma net nëmmen d'Lag ass en absolutte Plus. Den Theater bitt fir all Student*inne bis 29 Joer all Entrée fir 8€ un, egal op Theater, Oper, Musical oder Concert. Fir jiddereen ass eppes derbäi an e flotten Owend ass garantéiert. Tickete kennen an der Kees oder online ënner folgendem Link kaf ginn:
https://theater.freiburg.de/de_DE/home

2. WALLGRABENTHEATER

1953 gegrënnt, ass de „Wallgrabentheater" an der Rathausgasse 5a deen eelste privaten Theater an Däitschland. Am Laf vun de Joren huet sech de Repertoire ëmmer erëm erneiert. Haut gi virun allem zäitgenëssesch Stécker opgefouert. Wärend de Summerméint fannen am Bannenhaff dann och Fräiliichtspiller statt. Den Entrée leit jee no Veranstaltung tëscht 10€ a 14€. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://www.wallgraben-theater.com/

3. KONZERTHAUS

D'„Konzerthaus" gouf 1996 direkt vis-à-vis vum Hauptbahnhof gebaut an ass mëttlerweil e beléiften Uert fir sech fir den„Harry Potter in Concert" oder och emol fir e Sinfonie-Concert vum Joseph Haydn zesummenzefannen. Präisser variéiere jee no Veranstaltung. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://fwtm.freiburg.de/pb/,Lde/761297.html

MUSEEN

1. AUGUSTINERMUSEUM

Den „Augustinermuseum" befënnt sech – wéi de Numm et scho seet – an der Klouschterkierch um Augustinerplatz. Mat der Bunn 1 Richtung Littenweiler gëtt een um Arrêt Oberlinden direkt virun der Dier erausgelooss. De Musée ass besonnesch interessant fir déijéineg, déi sech fir Konschtsammlunge vum Mëttelalter bis an de Barock, esou wéi fir d'Molerei aus dem 19. Joerhonnert begeeschtere kennen. Den Entrée kascht fir Student*innen 5€. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://www.freiburg.de/pb/,Lde/237748.html

2. MUSERUM FÜR NEUE KUNST

De Musée widmet sech virun allem der Konscht vum 20. an 21. Joerhonnert. Dorënner sinn dann och Konschtwierker vu renomméierte Kënschtler*inne vertrueden, wéi zum Beispill dem Otto Dix, dem Karl Hofer, dem August Macke oder awer dem Paula Modersohn-Becker. De Musée befënnt sich an der Marienstraße 10a, net weit vum Restaurant Sichelschmiede. Den Entrée kascht fir Student*inne 5€. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://www.freiburg.de/pb/,Lde/237848.html

3. ARCHÄOLOGISCHES MUSEUM COLOMBISCHLÖSSLE

D'Colombischlass, dat tëscht 1859 an 1861 gebaut ginn ass, ass net nëmme vu baussen e klenge Bléckfang, mee och banne verstoppen sech „wahre Schätze". D'Sammlung un archeologesche Fondstécker geet vun den eelste Konschtwierker aus Südbaden bis an d'Mëttelalter. Ma och de Programm ass zimmlech villfälteg: Ob réimeschen Defilé, Kostümsféierungen oder experimentell Steenzäit-Atelieren. Fir all Alter ass eppes derbäi. D'Schlass befënnt sech tëscht dem Platz der Alten Synagoge an dem Fahnenbergplatz, direkt vis-à-vis vum Colombihotel. Den Entrée kascht fir Student*inne 5€. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://www.freiburg.de/pb/,Lde/237910.html

3. MUSEUM FÜR STADTGESCHICHTE

De Musée befënnt sech direkt um Münsterplatz am ale Barockhaus vum Kënschtler Johann Christian Wentzinger. Mat iwwer 900 Exponater léist de Musée een an d'Geschicht em an iwwer Freiburg andauchen. Donieft kritt een dann och nach en Deel vum Wentzinger sengen eegene Konschtwierker ze gesinn. Den Entrée kascht fir Student*innen 2€. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://www.freiburg.de/pb/,Lde/238004.html

KINO

1. HARMONIE, FRIEDRICHSBAU A KANDELHOF

Zu Freiburg liewen déi meeschte Kinosgänger*innen a ganz Däitschland. Deementspriechend huet och de Kino e gewëssene Stellewäert an der Freiburger Gesellschaft an ass do och gutt vertrueden. Déi dräi Kinoen Harmonie, Friedrichsbau a Kandelhof gehéieren zum Lokalkolorit vu Freiburg. Dofir bekannt, dass se méi en usprochsvolle Kinosprogramm liwweren, kruten se dann och 2007 als eischt Kinoen an Däitschland de „Europa Cinemas Award" verleeën. De Kinosticket kascht fir Student*inne 5,50 bis 7,50€ je no Film. Dënschdes ass Kinosdag. Do kascht den Ticket nëmme 5€. Weider Informatioune fënnt een ënner folgendem Link:
https://www.friedrichsbau-kino.de

Zanter 2001 fënnt dann och am Kandelhof „die schwule Filmwoche" statt. Et handelt sech heibäi em ee vun den eelste Schwulen-Festivals am däitschsproochege Raum. Am Summer bitt de Bedreiwer dann och en Fräiliichtkino am „Schwarzen Kloster" un. Tickete kritt een am Harmonie un der Kees oder online ze kafen. Den Entrée kascht 8€. Fir weider Informatioune kann ee folgende Link opsichen:
http://sommernachts-kino.de/informationen

2. AKA FILMCLUB

De „Akademischer Filmclub Freiburg" op der Uni Freiburg ass an de 50er gegrënnt ginn an ass domadder e vun den eelsten a ganz Däitschland. De Club gëtt éierenamtlech vu Freiburger Student*inne bedriwwen a bitt säin eegene Programm u Filmer mat bis zu 5 Virstellungen an der Woch un. Säit dem Wantersemester 2019/2020 ginn d'Virstellunge wéinst de Renovéierungsaarbechten am KG II, am Biologie-Hörsaal an der Schänzlerstraße 1 an Herdern ofgehalen. Am beschte fiert een hei mat der Ligne 4 Richtung Zähringen a klemmt um Arrêt „Hauptstraße" eraus. D'Memberskaart kascht pro Semester 3,50€ an all weidere Film deen een da kucke geet 1,50€. Snacks a Gedrénks kann een sech an der Oweskeess besuergen oder et bréngt een sech säin eegent einfach mat. De Kinosprogramm a weider Infoe fënnt een ënnert folgendem Link:
http://aka-filmclub.de/

3. CINEMAXX

Wien et da gären e bëssi méi „mainstream" huet, deen ass am Cinemaxx genau richteg. D'Chaîne bitt dem/r leidenschaftleche*r Kinosbesicher*in wat d'Häerz begiert. D'Lokalitéit befënnt sech direkt tëscht dem Konzerthaus an dem Stadttheater. Den Entrée kascht fir Student*inne vu Méindes bis Mëttwochs 6,90€ an de Rescht vun der Woch esou wéi op de Feierdeeg 8,90€. De Kinosprogramm an Tickete fënnt een ënnert folgendem Link:
https://www.cinemaxx.de/kinoprogramm/freiburg

D. WICHTEG ADRESSEN A LINKS

Hei fënns de nach eng Kéier déi wichtégst Adressen an Links versammelt.

ALBERT- LUDWIGS-UNIVERSITÄT

Studierendensekretariat an International Admissions and Services:
studienberatung@service.uni-freiburg.de
Sedanstraße 6, 79098 Freiburg

MENSA

www.swfr.de

- Mensa Rempartstraße: Rempartstrasse 18, 79098 Freiburg
- Mensa Institutsviertel: Stefan-Meier-Strasse 28, 79104 Freiburg

STROUM

Den Haaptstroumunbidder zu Freiburg ass d'Badenova, wou zu engem ugemoossenen Preis Ökostroum ugebueden gëtt. www.badenova.de

MÜLL

Soulaang et net explizit am Loyerskontrakt geschriwwen ass, muss een säin Haushalt bei der Abfallwirtschaft Freiburg umellen, wou een dann Abfallgebühren ze bezuelen kritt. www.abfallwirtschaft-freiburg.de

VËLO

- www.Fahrradladen-Freiburg.de
  Konradstrasse 9, 79100
- www.budsbikes.de
  Liebigstrasse 7, 79108

VAG

D'Stroossebunn ass, nieft dem Vëlo, deen zweetséiersten Wee sech duerch Freiburg fortzebeweegen. Als Student*in bezilt een schonn een Deel bei sengen Immatrikulatiounskäschten un d'VAG, woumat een sech een Semesterticket kafen kann, oder de 19-Uhr-Nachweis erausdrécken kann. Student*inne vun der Uni Freiburg a vun der PH kënne mam 19-Uhr-Nachweis owes ab 19h, sou wéi Sonndes an op de Feierdeeg den ëffentlechen Transport gratis benotzen. De 19-Uhr-Nachweis kriss du gratis am Onlineshop vum VAG. https://www.vag-freiburg.de/

SPORT

D'Uni bitt eng grouss Unzuel vu Sportaarten un, bei deenen een sech souwuel wärend dem Semester wéi och wärend der virliesungsfräier Zäit fit hale kann. Fir Deel ze huelen, muss een sech online umellen. Et gëtt och ee Fitness wou ee fir wéineg Geld dran trainéieren dierf. http://www.hochschulsport.uni-freiburg.de

BADISCH FÜR ANFÄNGER




Du hues en deckt Fragezeichen am Gesiicht wann d'Freiburger*innen vu Gugumere oder Babbedeggl schwätzen? Sou ass et warscheinlech nach all de Student*inne gaangen, déi fir déi éischte Kéier mat dem – eiser Meenung no – schéinsten a séissten Dialekt, dem Badeschen, konfrontéiert goufen. Mat eisem klenge Lexikon hëllefe mir iech op d'Spréng, sou datt dir iech och wéi e richtege Bobbele ënnerhale kënnt. Opgepasst: Verwiesselt ni Badesch a Schwäbesch! D'Schwab*innen an d'Badner*innen kënnen sech nämlech guer net leiden.

Hei fir d'éischt e puer Grondreegelen:

De ‚St' gëtt am Badesche grondsätzlech zu engem ‚Sch'. Sou soen d'Badner*innen net ‚kannst' mee ‚kannscht'. De P gëtt zu engem B, T zu engem D a K zu engem G. Dofir gëtt et eng linguistesch Erklärung. Déi erklären dir awer am beschten eis Germanistikstudent*innen. Speziell ass och, datt verschidde Wierder dem Lëtzebuergeschen änelen, ouni awer onbedéngt déi nämmlecht Bedeitung ze hunn.

1. Bobbele = eng Persoun, déi zu Freiburg gebuer gouf
2. Allemanisch = Badesch
3. Blaschdichguck = eng Plastiktuut
4. Bläre (v.) = kräischen, jäitzen
5. Gsait (v.) = gesot
6. Ziddig / Ziddung = Zeitung
7. Weckle = e Breitchen
8. Bolle = eng Boule Glace
9. Krummbeere = Gomperen
10. Dubel = en Idiot
11. Schwobeseggel = E Schwab (Beleidegung)
12. Dreiviertel Zwölf = Véierel fir 12 (dëst gëllt och fir all aner Auerzäit)
13. Gosch = Mond
14. Gluggser = den Hick
15. Gescheit = eppes anstänneges
16. Schwätze (v.) = Schwätzen
17. Schaffe(n) (v.) = schaffen
18. Brägele = Bratkartoffel
19. Debbisch = Decken
20. Wunderfitzig = firwellzeg
21. Awa, mach koi Ferz! = Wieklech!? ("Ech kann et net gleewen")
22. Du kannsch mer mol de Buggl nunner rudsche = Du kanns mer de Bockel erofrutsche
23. Numme net huddle! = Nëmmen keen Schrëtt ze schnell goen (eisen Dolmetscher geng et mat „nëmmen net hustlen" iwwersetzen)
24. So isch's halt e mol! = sou ass et eben! (wuel de badeschsten Saaz an der Geschicht)
25. Hämma Recht oder hämma Recht?! = Selbsterklärend badesch Weisheet


MANNHEIM
HEIDELBERG
KARLSRUHE
FREIBURG
OSTFRÄNKISCH
RHEINFRÄNKISCH
SÜDFRÄNKISCH
SCHWÄBISCH
OBERRHEINALEMANNISCH
BODENSEEAEMANNISCH
SÜDALEMANNISCH

PSST... TU ES DÉJÀ AU COURANT ?

Demande dès maintenant la nouvelle tranche de ton prêt CEDIES via S-Net Mobile !



Avec SPUERKEESS, la 1ère banque à proposer ce service, tu n'as donc plus besoin de te déplacer en agence pour ton prêt CEDIES.

C'est tellement FACILE et PRATIQUE !

axxess

SPUERKEESS.LU/cedies

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775



EDITEUR

Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
2, rue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: sluf.lu
Email: comite.sluf@gmail.com

REDAKTER*INNEN

Edition 2020:

Leena Dams, Lis Geisen, Anne Maringer, Estelle Scheuren, Nora Schloesser

Edition 2021:

Nicolas Maitry, Sam Roger

Edition 2022:

Liz Brassel, Niels Jansen, Grégory Kieffer, Fabienne Schandel, Tom Theis, Jacques Theisen, Maurice Thomé

LAYOUT AN DESIGN

Edition 2020: Laure Geisen

Edition 2022: Catherine Theisen

FOTOEN

D'Fotoen staammen aus privatem Gebrauch sou wéi aus der Lens vum Nora Schloesser fir de SLUF.

EDITION 2022

INSTAGRAM: SLUFELCH

ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, wärend an no dengem Studium!

ACEL
de Studentevertrieder

INFORMATIOUN

Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoen fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliicheren. Dës dräi Broschüren fenns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.







Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Uni.



REGROUPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Studenten, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelmeissegen Kontakt mat de Ministeren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



contact@acel.lu
www.acel.lu
@acelluxembourg
ACEL - de Studentevertrieder
ACEL - de Studentevertrieder